



Ech sinn awer d'accord, datt mer och do musse kucken, wéi ee kann derzou bäidroen, datt de Gros vun de Betriber, notament de Betriber am Industriesecteur, och hire Bäitrag leeschten innerhalb vun den europäesche Méiglechkeeten, déi mer hunn.

Déi drëtt Remarque betrëfft d'TVA. Et ass sécherlech ëmmer eng Diskussioun, ob een op der direkter oder indirekter Steiersäit eppes mécht. Indirekt Steiere si jo och nach Steieren, déi mer hunn op Produkter wéi Tubak a Bensin, wou mer och ëmmer musse kucken, wat an den Nopeschlänner leeft. Mä et ass, mengen ech, net ganz richtig, wann ee seet, datt d'TVA automatesch eng onsozial Steuer ass, well deem, dee méi verdéngt, consomméiert och méi, bezilt also domadder och méi TVA.

Op d'mannst an dräi Joer, mengen ech, komme mer net laanscht eng TVA-Erhéijung. Ech wëll do dat rappeléieren, wat den Här Roth am Budgetsrapport ausgerechent huet. Wann den E-Commerce ewechfiert no europäesche Regelen, da sinn dat no deene Previsiounen, déi mer am Comité-de-prévisions-Dokument hunn - wat de Mëtteg hei vill zitëiert ginn ass -, net 600 Milliounen mannger Einnahmen, mä da si mer schonn op 800 Milliounen no de Previsiounen, déi mer do agesat hunn.

Dat heescht, fir déi 600 oder vläicht souguer 800 Milliounen ze ersetzen, déi eis an der TVA ewechfallen, komme mer dann op d'mannst net derlaanscht - dat ass dann déi nächst Chamber, déi nächst Regierung -, fir iwwert d'TVA nozedenken. Mä ech mengen, och elo musse mer kucken: direkt, indirekt Steieren? D'Regierung huet dozou nach keng definitiv Haltung geholl, mä mir wäerten éischter à ce stade kucken, fir virsiichteg och bei der TVA ze bleiwen. Mä et muss een och wëssen, datt mer zu Lëtzebuerg - an Dir wësst dat, wann Der reest - déi niddregsten TVA vun der Europäescher Unioun hunn an datt déi Länner, déi driwwer sinn, wäit driwwer sinn.

Ech wëll och soen, datt an allen europäeschen Texter, y compris déi, déi d'Lëtzebuerg Regierung ugeholl huet, sief et bei den Ausseministernen, bei de Wirtschaftsministernen oder bei de Finanzministernen, eng generell Recommendation ass, datt ee soll d'Aarbecht manner belaauchten an éischter de Konsum belaauchten, well dat méi wirtschaftsfreundlech ass. Och driwwer muss ee vläicht eng Kéier eng Debatt féieren.

Ech kann lech haut net soen, wat mer an deem dote Volet maachen, ech wëll just hei nach eng Kéier festhalen, datt ech et als net positiv emfannen, wann een iwwert de Wee vun de Steiere versicht, dee Problem, dee mer beim Defizit hunn, ze léisen. Sécherlech muss een och déi eng oder aner Steuer upassen, mä mir musse virun allem kucken, d'Dépenses erofzesetzen.

Dee Wee, dee mer elo musse goen, gëtt an ass schonn e ganz schwéieren. Mä ech soen, en fait hu mer keng Alternativ, well d'Alternativ ass eng, déi en fait de Problem verschiebt, méi grouss mécht. En ass am Verglach mam Ausland nach net grouss. En ass grouss an der historischer Perspektiv.

Ech wëll och soen, datt en 2009 oder 2010 erklärbar ass, well mer do eng Rei Investitiounsprojete méi schnell lafe gelooss hunn, fir de Mangel un der Demande vum Privatsektor ze kompenséieren; déi sougenannte Konjunkturprogrammer. Iwwer véier, fënnef Joer gekuckt, kann een net mat enger esou antizyklischer Politik weiderfueren. Duerfir wäerte mer an deenen nächste Wochen, datt hoffen ech - do robber zielen ech, op d'Kollegen an der Regierung an an der Chamber -, datt mer e Wee fannen, fir den Defizit do iwwert déi nächst dräi Jore substanzuell ze reduzéieren.

An an deem Sënn mengen ech, datt déi Einlassung vun de Mëtteg eis zwar net hëllefen, de Problem ze léisen, eis awer sécherlech vill Iddië mat op de Wee ginn hunn, op deene mer wäerte konstruktiv schaffen. Duerfir géif ech och gären am Numm vun der Regierung jiddwerengem Merci soen, dee säi Bäitrag zu dëser schwieriger Diskussioun de Mëtteg hei geliiwwert huet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Finanzminister. Domadder wiere mer um Enn vun dëser Diskussioun.

Mir hunn hei nach eng Motioun virleien, déi vun Här Gibéryen agereecht ginn ass. Kënne mer direkt iwwert déi Motioun ofstëmmen? A main levée?

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Neen, Här President.

► **M. le Président.** - Dir hätt gär den elektroresche Vote.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Dat maache mer awer elektresch.

**Vote sur la motion 1**

► **M. le Président.** - Da geet direkt d'Ofstëmmen un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass verworf mat 56 Nee-Stëmmen, géint 4 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par M. Marc Spautz), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. François Bausch), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par M. Claude Adam) et Viviane Loschetter;

M. Serge Urbany.

Da komme mer elo zum Projet...

**(Interruptions)**

Da komme mer elo zum Projet de loi...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR). - ...déi véier sech duerchgesat hunn.

**(Hilarité générale)**

► **M. le Président.** - ...6339, eng Ofännerung vun zwee Artikelen vum Code du Travail. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wilmes, Etgen a Gibéryen.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madame Vera Spautz. Madame Spautz, Dir hutt d'Wuert.

### 3. 6339 - Projet de loi modifiant les articles L. 126-1 et L. 541-1 du Code du Travail

**Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi**

► **Mme Vera Spautz** (LSAP), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzestext, iwwert dee mir de Mëtteg ofstëmmen, oder besser gesot, den Owend ofstëmmen, féiert eng vereinfacht Prozedur an, fir datt Leit, déi duerch eng Faillite hir Aarbecht verluer hunn, méi séier hir vum Patron geschëllte Paien ausbezuelt kréien.

Oft sinn déi betraffe Salariëe säit längerer Zäit bis hin zu e puer Méint ouni Akkommes a befanne sech deemno an enger prekärer finanzieller Situatioun. Si kënnen hir dagdeeglech Ausgaben net méi bezuelen, de Loyer vun der Wunneng, de Prêt vum Haus, d'Elektresch, Waasser- oder Stromrechnungen. Wann dës Phas sech iwwer eng länger Zäit hinzitt, bréngt dat natierlech vill aner Konsequenze mat sech, déi ech lech net opzeiele brauch.

Den Ustouss fir dëse Gesetzestext kouw am Summer d'lescht Joer, wou d'Faillite vun der Gesellschaft Socimmo an hir direkt Konsequenze fir 470 Leit bekannt gi sinn. Dës Leit hunn oft scho während Méint keng Paie méi kritt a souzen du vun engem Dag op deen aneren op der Strooss. Well déi üblech Prozedur, déi bei enger Faillite ugewannt gëtt, ze laang gedauert hätt, huet d'Regierung eng Noutléisung misse fannen. Eng Solution ad hoc ass ausgeschafft ginn, bei där sech d'Regierung als Garant bei enger Bank ginn huet. An déi huet dann de betraffene Leit an engem räsonablen Zäitraum déi geschëllte Paien ausbezuelt.

Et versteet sech vun eleng, datt esou eng Noutléisung net kann zum Dauerzoustand ginn, an duerfir ass dëse Gesetzestext op d'Bee gestallt

ginn. De virleiende Gesetzestext, deem eng Vereinfachung an eng Accélération vun de Prozedure virgesäit, ass also nëmmen ze begreissen.

Dir Dammen an Dir Hären, esou vill zur Aleedung zum Gesetzestext. Ech wëll dann elo kuerz déi aktuell Prozedur beschreiwen an dann op den Inhalt vum virleiende Gesetzestext a seng Haaptännerungen zrëckkommen.

Och wann de Beschäftigungsfond d'Créance vun de Paie fir déi lescht sechs Méint garantéiert, dauert et oft ganz laang, bis datt dës Suen un déi concernéiert Leit kënnen ausbezuelt ginn. Fir d'Éischt musse folgend Démarchen duerchlaf ginn:

De Salarié muss eng Déclaration de créance beim Greffe vum Handelsgericht hannerleeën. D'Demande, déi de Salarié eragereecht huet, gëtt da vun engem Curateur kontrolléiert. Dës Kontroll ass oft relativ schwéier an duerfir och laangwierig, well d'Kontabilitéit vun der Entreprise, déi d'Faillite deklaréiert huet, seelen an der Rei ass. Jee no der Gréisst oder der Komplexitéit vun der Situatioun kann de Curateur awer op d'Ennerstëtzung vun enger Fiduciaire zrëckgräifen.

Nom Curateur kontrolléiert de Juge commissaire den Dossier, dann d'ADEM, d'Kontabilitéit vum Aarbechts- a Beschäftigungsministère, de Contrôle financier a schlussendlech och d'Trésorerie vum Stat. Dës ganz Prozedur ka sech also iwwer Wochen zéien a bréngt de Concernéierten an eng finanziell ganz schwierig Lag.

Just fir lech e Beispill ze ginn: Ouni d'Agräife vun der Regierung wieren d'Salariëe vun der Socimmo vu Juni bis bal Oktober ouni Akommes gewiescht.

De virleiende Gesetzestext wëllt esou Situatiounen an Zukunft verhënneren, andeems en d'Prozedur verkierzt. Direkt nodeems eng Faillite prononcéiert ginn ass, kann de Salarié elo perséinlech seng Rechter bei der ADEM afuerderen. Dës Méiglechkeet erlaabt et, datt hei méi séier en Deal, sougenannt „Avancé", vun deene Sue kritt, déi him zoustinn.

Fir datt esou eng Demande de créance bei der ADEM kann hannerluecht ginn, muss de Montant vun deene geschëlltene Suen awer méi héich si wéi d'Halschent vun enger Pai vun engem Mount, gerechent op d'Moyenne vun deene leschten dräi Méint virum Mount, an deem d'Faillite deklaréiert ginn ass. An dës Avancé ginn zum Schluss vun der ganzer Prozedur vum Gesamtmontant, deem him zousteet, ofgezunn.

Hei muss een awer och soen, datt dës Avancé net méi héich kënne si wéi 75% vum viséierte Plaffong, dee bei sechsmol de Salair minimum läit, laut dem Code civil. Fir datt dës verkierzte Prozedur wierklech méi séier ass wéi déi normal, gëtt e Comptable extraordinaire genannt.

Esou wéi de Statsrot ënnerstrach huet, wëll ech och nach eemol betounen, datt déi nei Prozedur mat sech bréngt, datt d'ADEM, an net de Curateur, eng éischt konkret Analys vum Dossier muss maachen. Si kann dobäi leider net, wéi de Curateur, op d'Hëllef vun enger Fiduciaire zrëckgräifen. Duerfir misst ee sech vläicht iwwerleeën, ob net e puer Leit awer op där Plaz missten agestallt ginn.

Vu datt den Haaptobjektiv vum Gesetzestext net just d'Ausbezuelt vum de Suen ass, mä virun allem, déi betraffe Leit nees esou séier wéi méiglech an d'Aarbecht ze kréien an hinnen esou laangfristeg eng finanziell Sécherheet ze garantéieren, gesäit de Gesetzestext och vir, d'Obligatioun, wat d'Aschreiwungszäit bei der ADEM ugeet, fir dës Kategorie vu Leit ze sträichen. Si kënnen also relativ schnell vun engem anere Patron iwwerholl ginn a müssen net déi normal Délaien anhalen.

De Statsrot an och d'Chambre des Salariés hunn nach ze bemierke ginn, datt de Gesetzestext sech am Kader vum Artikel L.125-1 vum Code du Travail befënn. Dëse seet, datt en Aarbechtsvertrag direkt fäerdeg ass, wann eng Cessation des activités duerch eng Faillite besteet.

En Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff vum 3. März d'lescht Joer huet awer geuerteelt, datt d'«Directive concernant le rapprochement des législations des États membres relatives aux licenciements collectifs» och déi kollektiv Entloossungen duerch eng Cessation des activités duerch eng Faillite ofdeckt. Laut dem Europäesche Geriichtshaff loosse dës Dispositiounen eng direkt Résiliatioun vum Aarbechtsvertrag am Fall vun enger Faillite net méi zou. De Curateur misst also, ier eng Entloossung ka stattfannen, mat de Vertrieder vun de Salariëen en Accord aushandelen.

Den Aarbechts- a Beschäftigungsminister Nicolas Schmit huet an der zoustänneger Chamberskommissioun erkläert, datt en Aarbechtsgrupp a sechs bis acht Wochen e Gesetzesprojekt ausschafft, an deem en déi juristesche Konsequenze vun dëser Jurisprudenz studéiert.

Folgend Beruffskummeren hunn hiren Avis ofginn: d'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Salariés, a si stëmmen am grouse Ganzen dem Gesetzestext zou.

De virleiende Gesetzestext ass sécherlech eng gutt an nützlech Initiativ, fir déi betraffe Leit viru finanziell prekäre Situatiounen ze bewahren an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, sech nees méi séier um Aarbechtsmaart ze bewerben. Ech wëll awer och betounen, datt e méi strikte Suivi an eng eventuell Begleedung muss gemaach gi vun deene Betriber, déi risquéieren, an eng Faillite ze rutschen. An deem Sënn ass och eng déif gräifend Reform vun eise Faillitërecht onëmgänglech an onbedéngt noutwendeg!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn domat den Accord vu menger Fraktioun a bidden lech, dëse Gesetzestext ze stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Spautz. Si war ganz detailléiert, doropshin huet schonn den Här Gibéryen décidéiert, net méi ze intervenéieren. Dann hätt ech also elo nach zwou Wuertmeldungen, ausser...

**(Interruptions diverses)**

Bon, wann den Här Wilmes mengt, et wär net méi vill derzou ze soen, an den Här Etgen, huelen ech un, huet och net méi alles driwwer ze soen - ech weess net, ob den Aarbechtsminister nach wëllt eppes derzou soen -, da géif ech...

► **M. Nicolas Schmit**, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration. - Ech soe just Merci an ech si frou, datt dat Gesetz gestëmmt gëtt. A besonnesch déi Leit, déi Victime sinn oder ware viru Kuerzem vu Failliten, déi mer jo all kennen, déi si frou, datt dat Gesetz a Kraaft trëtt. Y compris d'Patronen, déi Leit embauchéieren.

► **M. le Président.** - Gutt, Merci. Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6339 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6339 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par M. Marcel Oberweis), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par Mme Martine Mergen), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. André Bauler), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner (par M. Fernand Etgen);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par Mme Viviane Loschetter) et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6261, eng Ofännerung vum Kooperatiounsgesetz. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Frank, den Här Helming, den Här Angel, den Här Adam an den Här Kartheiser.

D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, d'Madame Nancy Kemp-Arendt.

### 4. 6261 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**





► **Mme Nancy Arendt** (CSV), *rapportrice*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst ass de Rapport zum Projet de loi 6261, deen dat modifiéiert Gesetz vum 6. Januar 1996 iwwert d'Entwécklungspolitik nach eng Kéier modifiéiert.

Zu den Antécédents: D'Madame Ministesch huet den 9. März 2011 de Projet de loi an der Chamber déposéiert. De 17. März sinn ech an der Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration zur Rapportrice bezeecht ginn an an der nämlecher Sitzung huet d'Madame Ministesch hiren Text de Membere vun eiser parlamentarescher Kommissioun presentéiert.

De 5. Juli 2011 huet de Statsrot säin éischten Avis ofginn, an de 6. an den 12. Dezember vun deemnämlechte Joer huet d'Madame Ministesch eis d'Regierungsamendementen zoukomme gelooss, déi mir den 12. Dezember an der Chamberskommissioun diskutéiert an och ofgeseent hunn. Den zousätzlechen Avis vum Statsrot vum 31. Januar 2012 hu mer de 27. Februar 2012 analyséiert. Ech hunn de Rapport den 19. März an der zoustänneger Chamberskommissioun presentéiert, dee mer do de leschte Méindeg, de 26. März ugehall hunn.

Ech wëlt fir d'Éischt all deene Merci soen, déi hei eng Hand mat ugepaakt hunn. Et geet jo ëm e wichtige Pilier vun eiser Politik an Deel vun eise Relatiounen mat der Welt. Et geet ëm d'Ausrichtung an d'Modalitéiten vun enger Politik, wou mir als Land eng ganz gutt Renommée hu fir déi Aarbecht, déi mir am Beräich vun der Entwécklungshëllef leeschten a wou mir nach weider optimiséiere wëllen.

## (M. Gast Gibéryen prend la présidence.)

Här President, ech hu mer erlaabt, ufanks vu mengem Rapport e bësse méi en Historique vun eiser Entwécklungshëllef ze maachen, well et wichteg an och hëllefträich ass, fir de Wee, deen eist Land a Saachen Entwécklungspolitik gemaach huet, chronologesch opzeléischen, fir dat Ganzt a méi e verständleche Kader ze setzen. Virun allem, well et hei jo ëm en Ensembl vun deene verschiddenen Texten an der Matière vun der Entwécklungshëllef geet, déi d'Prinzipien, d'Moyenen an déi néideg Instrumenter festhalen, fir eng effikass an och eng kohärent Kooperatiounspolitik ze leeschten.

An deem Kontext kommen ech op déi éischt Diskussiounen zrëck, déi aus der lëtzebuergercher Entwécklungspolitik eng eegestänneg Politik definéiert hunn, mat der Deklaratioun vum deemolege Regierungschef aus dem Joer 1974, dem Gaston Thorn. Et huet bis ufanks den 80er Jore gedauert, bis eist Land sech säin éischt Gesetz an der Entwécklungspolitik ginn huet, an dat mat enger grousser, relativ grousser Flexibilität, déi sech allerdéngs just op d'Definitioun vum Statut vun den Acteuren um Terrain limitéiert huet, déi am Kader vun engem lëtzebuergercher Projet oder Programm an den Entwécklungslänner aktiv matgeschafft hunn.

Dräi uschléissend Gesetzter hunn dunn de 17. Dezember 1985 de legislative Kader complétiert mat der Kreatioun vun engem Fong fir d'Hëllef an Beräich vun der Entwécklungshëllef, mat steierlechen Dispositiounen, fir d'Philanthropie an de Mécénat ze promovéieren a fir Subventiounen, déi de Stat den ONGe fir d'Entwécklungsprogrammer accordéieren kann.

Duerno ass dat éischt Gesetz iwwert de Statut vun eisen Aktiven um Terrain vum 13. Juli 1982 duerch en neit Gesetz vum 25. Abrëll 1989 ersat gi mat dem Zil, fir d'Prozeduren ze vereinfachen an de Statut vun den Aktiven um Terrain ze verbesseren. De Stat huet elo d'Fraisën iwwerholl vun der Sécurité sociale, gradesou wéi d'Reeskäschten, déi vun den ONGe virgestreckt goufen.

Mat dem progressive Klamme vun eisem Engagement ass et ëmmer méi offensichtlech an och evident ginn, datt een dës Texter regrouppieren an d'Aktiounen konkretiséiere soll. Dat ass dann och gemaach gi mam Gesetz vum 6. Januar 1996. De rechtliche Kader an der Entwécklungshëllef ass bestätegt ginn, andeems d'Gesetz eng méi prezis an effikass Entwécklungshëllef ënnerstëtzt huet mat den Objektiv, der wirtschaftlecher, sozialer an nohalteger Entwécklung vun den Entwécklungslänner Rechnung ze droen an eng harmonesch Insertioun vun dese Länner an eng Weltwirtschaft ze viséieren, wëssend, datt mer eis op déi Länner konzentréieren, déi am mannsten entwéckelt sinn.

Dëst neit regruppéiert Gesetz soll viles preziséieren, wat ënner anerem d'Mission an de Finanzement ugeet. Datselwecht gëllt, fir d'Relatiounen mat den ONGen nach besser ze definéieren. Als wichtegt Element ass zousätzlech de Comité interministériel etabliert ginn, deen déi grouss Linne vun eiser Kooperatiounspolitik begleet an aviséiere sollt. Et ass dann och

nach e Congé vu sechs Deeg agefouert gi fir déi Leit, déi um Terrain schaffen.

Den 9. Juli 2004 ass dëst Gesetz nach eng weider Kéier modifiéiert ginn, just mat engem Punkt, an zwar, fir de Partner - also och, wa se net bestuet waren an och fir d'Kanner vun den Aktiven um Terrain - d'Méiglechkeet ze ginn, hire Partner ze begleeten.

Ech sinn dann nach eng Kéier op déi verschiddenen Hëlfe, déi mir bis dohinner haten, a mengem schrëftleche Rapport agaangen: vun der Coopération bilatérale, multilatérale, eis Kooperatioun mat den ONGe gradesou wéi eis Hëllef um Gebitt vun der humanitärer Hëllef, déi zwar zu deem Zäitpunkt nach net an eisen Texter festgehalen gouf, mä wou mer awer och schonn aktiv als Land matgewierkt hunn. Et géif de Kader elo sprengen, op alles anzegoen, an duerfir verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport, wou ech dat och am Detail formuléieren.

Ech hu gläichermoossen drop higewisen, datt eist Land sech ëmmer nach an dem Kontext vun den internationalen Engagementer erëmfonnt huet, ob dëst elo am Kontext war vun der Déclaration de Paris 2005 iwwert d'Effikasitéit vun der Entwécklungshëllef, dem Programm vun Accra 2008, dem Consensus européen oder dem Festhale vun den Engagementer, déi während eiser lëtzebuergercher Présidence festgehalen goufen, mat engem Prozentsaz vun 0,7% vum PIB.

Voilà, Här President, mir modifizéieren eist Gesetz also elo nach eng Kéier. Et war der Ministesch hire Wonsch, dat bestehend Gesetz net ze ersetzen, mä éischter ze compléieren an unzepassen un dat internationaalt Ëmfeld, fir eben deenen ëmmer méi groussen Erausforderungen vun der humanitärer Hëllef Rechnung ze droe gradesou wéi méi prezis déi Felder ze definéieren, wou mir aktiv sinn, an nach méi eng kohärent Approche materaféissen ze loos-sen.

Dëst Engagement, fir d'Base légale ze adaptéieren, war iwwerens och am Regierungsprogramm festgehalen ginn. An ech wollt och net vergiessen ze erwähnen, datt duerch den Dépôt vun der Proposition de loi 6020 vun der Madame Err an dem Här Angel e weidert wäertvollt Dokument eis op deem Wee ëmmer begleet huet.

Den Objet vum Projet de loi war virun allem, fir d'Action humanitaire als feste Bestanddeel vun eiser Kooperatiounspolitik ze verankeren. Och wa mir bis elo schonns am Beräich aktiv waren, esou gëtt dat elo och en definitiven Opdrag am Gesetz.

Zweetens wëlle mir eis, wat d'Definitiounen ubelaangt, un den europäeschen Texter orientéieren, dëst mat der Insertioun vun den internationalen Engagementer, déi mir als Land an dëser Matière geholl hunn, sief et um Niveau vun de Vereenten Natiounen oder anereren zoustännegen internationalen Organisatiounen. Dorënner fällt natierlech och d'Festhale vun den Objektiv um Niveau vun den „Millennium goals“, gradesou wéi datt mer eis Kooperatiounshëllef och a regelméissegem Ofstänn vum Comité d'aide au développement oder der OCDE evaluéiere loos-sen, wat nun och eng wierklech nützlech Kontributioun ass, fir eis Engagementer ze optimiséieren respektiv nach weider ze verbesseren.

Des Weideren ass eng Revisioun vun den Dispositiounen vum Fong fir d'Entwécklungshëllef envisagéiert ginn, dëst, fir ze preziséieren, datt den décisive Kritär vun de Kollaboratiounen mat den ONGen dee wum Agrément selwer ass, an net dee vun der Nationalitéit. Dat heescht, mir hunn d'«organisations non gouvernementales luxembourgeoises» remplacéiert duerch «organisations non gouvernementales de développement».

De Fong huet als Missioun, zum Finanzement zum Virdeel vun de Populatiounen, déi an der Entwécklung sinn, bäizetroen, sief et iwwer bilateral oder regional Hëlfelefen oder iwwer international Organisatiounen. Dese Fong gëtt och elo de Finanzement, fir d'Capacités an d'Luucht ze schrauwen, fir d'Fraisé fir d'Assistance technique ze decken, awer och fir d'Onkäschten ze iwwerhuelen, déi ufale fir de Rekrutement vun eise Leit, déi um Terrain schaffen, gradesou wéi fir Fraisen, déi à charge fale fir d'Formatioun vun de Stagiairen oder de Bour-sieren.

Des Weidere kann de Fong intervenéieren iwwert déi verschidde Secteuren, wéi déi verschidde sozial Aktiounen wéi d'Gesondheet, d'Éducation, d'Formation professionnelle, d'Landwirtschaft, d'Sécurité alimentaire, d'Waasser an d'Wasservirbereedung, déi wirtschaftlech, finanziell an industriell Kooperatioun, d'Zesummenaarbecht am Beräich vun der Émwelt, déi kulturell an déi wëssenschaftlech Kooperatioun wéi awer och d'Éducation fir den nohaltegen Développement.

De Fong kann awer och op enger transversaler Approche intervenéieren fir d'Promotioun vun de Mënscherechter, d'Verstärkung vun der gudder Gouvernance, mat abegraff selbstverständlech déi vun der participativer Demokratie oder der Dimensions vum Genre.

De Finanzement aus dem Fong déngt selbstverständlech och, fir eis pluriannuel Programmer ze stäipen, déi mir mat eise Partnerlänneren jo ëmmer zesummen ausschaffen an déi selbstverständlech net vun uewen erof diktéiert ginn, mä mat eis zesummen ausgeschafft ginn. Dat war och ëmmer en Uleies vun eisem fréieren Kooperatiounsminister, dem Jean-Louis Schiltz.

De jährelche Rapport, an deem jo virgesinn ass, iwwert den Ensembl vun den Aktivitéiten am Kader vun der öffentlecher Hëllef de Bilan ze zéien, gëtt elo ergänzt mat engem Rapport iwwert d'Aarbechte vum Comité interministériel mat engem - an dat ass, mengen ech, wichteg och ze erwähnen, an dat war och e grouss Uleies vun den ONGen - ganz spezielle Bëck op d'Kohärenz vun de Regierungspolitikern.

Verschidde ministeriell Kompetenz ginn elo mat Règlement-grand-ducalé festgehalen, fir der aktueller Jurisprudenz entgéintzekommen. Dat war och, mengen ech, en Uleies vun Här Braz an der Kommissioun, deen dës Reglementer esou schnell wéi méiglech wollt eigentlech virleien hunn. D'Ministesch huet och gesot, datt si amgaange wär, déi auszeschaffen. Et si jo awer wichteg Reglementer, déi d'Ligne de conduite, déi sech jo aus dem Gesetz ergëtt, op wichteg Punkten ergänzen.

## ► Une voix.- Très bien!

► **Mme Nancy Arendt** (CSV) *rapportrice*.- D'Madame Ministesch kann eis do och vläicht verschidde Prezisiounen ginn. Ech mengen, si hat gesot, si géif hiert Allerbescht maachen, fir déi esou schnell wéi méiglech op de Wee ze bréngen.

Et ass eng Revisioun vun den Dispositiounen fir den Agrément gemaach ginn, dee sech elo just nach limitéiert op d'Associations sans but lucratif oder Fondationen mat engem sozialen Engagement. Hei ginn also elo mat Règlement-grand-ducalen d'Kritären an d'Modalitéiten festgehalen, déi zum Agrément féieren, gradesou wéi d'Konditiounen fir de Renouvellement oder d'Zréckzéie vun engem Agrément.

D'Durée vum Agrément ass elo op zwee Joer eropgesat ginn, fir administrativ ze entlaaschten. Virdu war et jo ee Joer. Mir hunn d'Donation globale fale gelooss. Mir hunn déi relativ Dispositiounen zu den Accords-cadres preziséiert. Eis Ministesch kann elo bis zu 400% bei engem Kofinanzement bäistieren zu deem, wat d'ONG investéiert huet, fir op dës Manéier eng méi programmatesch a strategesch wäit-siichteg Planung ze erlaben.

A mir hunn d'Dispositiounen, wat d'Cotisations an der Sécurité sociale betrëfft, clarifiéiert, andeems mer festschreiwen, datt de Stat d'Part patronale iwwerhëlt, esou wéi dat vum Droit commun virgesinn ass.

A sengem éischten Avis huet eis de Statsrot félicitéiert fir déi enorm Ustrengungen, déi mir um Niveau budgétaire maachen, a bestätegt, datt mir domadder am Trio de têtes leie vun deene Länner, déi prozentual am meeschte ginn. Allerdéngs weist en awer och drop hin, datt dëst just eng Drëps op dee berühmte waarme Steen ass, a mir missten no deem quantitativen Effort och de qualitativen an nohaltege Charakter nach méi an de Vierdergrond setzen.

Si si relativ kritesch mat hiren Aussoen, datt d'Ambitiounen vum Projet de loi sech just op punktuell Changementer limitéieren, déi néideg wären, fir sech der Zäit unzepassen. Si hätte léiwer gären eng - zwësche Gänseféischer - «reprise sur le mètre plus globale» gewënscht, gradesou wéi iwwerens och de Cercle des ONG.

De Statsrot gëtt säin Accord fir d'Introduktioun vun der humanitärer Hëllef als wesentleche Vecteur d'action, huet sech awer formell opposéiert, datt d'Ministesch eleng d'Konditiounen hei festleeë kann. En huet rekommandéiert, datt verschidde ministeriell Kompetenzen, also d'Modalitéiten u sech an d'Dispositioun vun der Exekutioun duerch Règlement-grand-ducalé festgehalen ginn, fir konform zur Constitution ze sinn. An deem hu mir jo dunn och Rechnung gedroen.

E weist och drop hin, datt, wann de Comité interministériel obligéiert ass, säin Avis ofzeginn, d'Ministesch net hir politesch Responsabilitéiten huele kéint am Fall, wou keen Avis virläit. Hei huet d'Ministesch och gesot, datt d'Praxis et kloer géif hierginn, datt, wa keen negativen Avis kéint no enger gewëssener Zäit, dat esou interpretéiert gëtt, datt et an der Rei ass.

Hien hiewt och d'Kritik vum Comité d'aide au développement nach eng Kéier ervir, datt Lëtzebuerg nach méi Efforté muss maachen a Saache Kohärenz vun de Politiken. Dësen Examen

hat de CAD eisem Land recommandéiert, fir eis Kohärenz ze optimiséieren an no enger systematescher Fassong ze suivéieren an och ze evaluéieren.

De Statsrot bedauert, datt keng nei Propositionen matgehall goufen, wat eis PICen, also eis Programmer, déi mer mat eisen Zillänneren zesummen opstellen, ubelaangt. Hei hu mir awer och eng fest Zousou vun der Ministesch kritt, datt si d'Kommissioun nach méi staark wëllt mat abannen, wat de Suivi ugeet, a besonnesch wann nei Weeër ageschloe solle ginn. Dat huet si och schonn am leschte Joer mat eis gemaach.

No dësem Avis vum 5. Juli 2001 (veuillez lire: 2011) huet eis Regierung décidéiert, den initialen Text ze amendéieren an deene verschiddene Remarquén vum eiser héijer Kierperschaft Rechnung ze droen. Eis Kommissioun huet sech och majoritär fir dës Amendementen vun der Regierung prononcéiert.

An dem Avis supplémentaire vum 31. Januar, dee mer de 27. Februar analyséiert hunn, gëtt de Statsrot säin Accord zu dese Verännerungen. E kritiséiert zwar nach, datt den Text net virgesäit, datt op Propositionen vum Comité interministériel hin de Schluss vun engem Programm virgesäit (veuillez lire: de Schluss vun engem Programm décidéiert ka ginn). D'Madame Ministesch huet awer drop gehalen, fir eis ze soen, datt een einfach kee weideren Accord misst ginn, fir dës Programmer weider ze ënnerstëtzen. An dann ass et praktesch jo och dat nämlecht Resultat.

Déi héich Kierperschaft regrettéiert, datt déi lëtzebuergercher Affiliatioun vun de Leit, déi am Ausland fir eis um Terrain schaffen, net zréck-behale gouf. Mä et ass eis awer och op dësem Punkt vun de Mataarbechter vun dem zoustännegen Ministère assuréiert ginn, datt et keen esou ee Fall géif ginn oder keen esou ee virkënn an datt se all assuréiert wären.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Examen des articles wollt ech lech um spéiden Owend erspueren. Dee kann ee jo och, mengen ech, méi a mengem schrëftleche Rapport ënnert d'Lupp huelen, wann dat da gewënscht ass. De Kolleg Marcel Oberweis, dee wënt schonn, dee mécht dat ganz bestëmmt.

## (Interruption)

Ech wollt der Ministesch zum Schluss nach eng Kéier e grouse Merci soe fir hir wäertvoll Aarbecht op dësem Gebitt a fir hiren Engagement. Et gesäit een, si huet d'Häerz op der richteger Plaz, an dat ass och gutt esou.

D'Gesetz ass erëm e weidere Schrëtt an eng Richtung vu Solidaritéit mat deenen, déi et wierklech schwéier hunn, mat Leit, déi ënner schwierge Konditiounen hiert Liewe meeschtere mussen. Eist klenge Land, wat eent vun deene renomméiertsten ass um Gebitt vun de Finanzen, ass och eent - Gott sei Dank! -, wat déi net vergësst, déi Hunger leiden, déi duerch Naturkatastrophen alles verléieren oder déi a Krisengebitter ëm hiert Liewe fäerte mussen.

Mat dëser weiderer Etapp gi mer e wichteg Message vun Zesummenhalen, grad besonnesch elo an dëser Zäit, an enger Zäit vu Kris. Eis Ministesch versicht, de Kompass an darselwechter gudder Richtung ze loos-sen, wéi et elo schonn zënter e puer Joer fonctionnéiert, a souguer nach weider ze optimiséieren an eis weider anzesetze fir déi, déi ganz weínege op dëser Welt hunn, wou mer duerch eisen Engagement ganz kloer Liewe retten, där méi klenge, mä och där méi grousser, a wou mer all zesumme stolz kënnen sinn iwwert dat, wat mir an dësem Kontext leeschten an nach weider leeschte wäerten.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

## ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci, Madame Arendt. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madame Marie-Josée Frank agedroen. Madame Frank, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **Mme Marie-Josée Frank** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif als Allererst wëllen der Madame Nancy Kemp-Arendt villmools Merci soe fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee se mat ganz vill Engagement hei virbruecht huet. Ech wëll dowéinst jiddefalls net méi weider op den Detail vum Gesetz agoen, mä vill méi op d'Noutwendegkeet vun enger net nëmme quantitativer, mä qualitativ héichwäerteger Kooperatiounspolitik, wou d'Kohärenz, d'Transparenz an d'Effikasitéit eng grouss Roll spillen. Wéi sot den Hermann Hesse? „Damit das





Mögliche entsteht, muss immer wieder das Unmögliche versucht werden.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bal eng Milliard Mënschen op der Welt hunn net genuch ze essen. Sechs Milliounen Leit stierwen all Joer un Ënnerernährung. All fënnef Sekonne stierft e Kand un Hunger. An enger Zäit, wou d'Nohaltegkeet net méi ewechzedenken ass, wëll ech och drun erënneren, datt mëttlerweil iwwer 300.000 Mënschen all Joer un de Folge vum Klimawandel stierwen. 2,6 Milliarde Mënschen, also 40% vun der Weltbevölkerung, hunn net déi elementairst sanitär Installatiounen. Méi wéi eng Milliard Mënschen hu keen Zougang zu propperem Waasser. An dat alles si Mënscherechter.

Dës Zuelen, déi kënnen eis dach net kalloossen! Neen, si dierfen eis net kalloossen!

A sengem éischten Avis zum Gesetzestext 6261 vum 5. Juli 2011 lueft de Statsrot de Stat fir säin Engagement an der Quantitéit vun der Kooperatiounspolitik. An d'Madame Arendt huet et elo just ugeschwat: E bësse kritiséiert si mer awer an der Qualitéit ginn.

**(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)**

D'Aide-publiquë sinn an deene leschte Jorzéngten enorm gestiegen: vun 0,1% op 0,32%, duerno op 0,7%, an - mir wëssen et alleguerten - haut leie mer bei 1%. 1% vun der Hëllef, vun eise nationale Räichtum gëtt an d'Entwécklungshëllef investéiert. Dat ass fir d'Joer 2012 e Chiffer vu ronn 314 Milliounen Euro.

An dat soll och esou bleiwen. Och wa mer haut de ganzen Dag iwwert d'Kris geschwat hunn, dierfe mer eis net découragéiere loossen, datt mer déi Mënschen, déi wierklech op eis Hëllef ugewise sinn, datt mer déi net méi géifen ënnerstëtzen!

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Marie-Josée Frank** (CSV).- Well d'Entwécklungshëllef, déi ass meeschtens dat éischt Opfer vun esou Mesuren, well et am einfachsten ass, do ze spueren, wou ee kee Widerstand huet oder wou et net ëm Wielerstëmme geet. An duerfir e waarmen Appell un eis alleguerten.

Genau dat, wéi ech elo grad gesot hunn, wellen an dierfe mer net hinhuelen, well deenen engen hiert Leed vun haut kann eise Misär vu muer sinn. Mir müssen de Leit an den Entwécklungslänner nei Zukunftsperspektive ginn. Mir mussen si ënnerstëtzen an hinnen hëllef, hiert Land zu engem Land ze maachen, an deem et derwäert ass ze liewen.

Domadder léise mir net nëmmen hir Problemer, mä och eis Problemer, an zum Beispill dee vun der illegaler Immigration. D'Europäesch Unioun setzt an hirem Pakt iwwert d'Immigration an den Asyl op Synergien tëschent der Migratiounspolitik an der Développementspolitik, déi esou mussen genotzt ginn, datt se kohärent sinn, notament par rapport zu den Objektiver vum Millénaire vun der UNO, déi jo doranner bestinn, bis 2015 d'Aarmut, d'Kannermortalitéit, d'Epidemië wéi och den Aids signifikativ ze reduzéieren, an op där anerer Säit d'Bildung, d'Gläichberechtigung an den Développement durable ze promovéieren. D'Kooperations- an d'Migratiounspolitik kënnen also duerchaus zesummenhänken.

De Choix vun de Pays cibles spillt natierlech an deem Kontext eng wichteg Roll. Momentan huet Lëtzebuerg nëng Pays cibles. Et sinn zum Beispill: an Asien Vietnam a Laos; an Zentralamerika Nicaragua a Salvador; an Afrika ass et den Niger, de Cap-Vert, de Senegal, Mali an de Burkina Faso, deen ech perséinlech besser kennen.

Interessant ass och do ze gesinn, datt véier Länner aus dem Balkan op Lëtzeburger Kooperationshaut kennen zielen. Dat sinn: Albanien, de Kosovo, Montenegro a Serbien. Wann een déi rezent Chiffere vun den Demandeurs d'asile aus dem Westbalkan kuckt, da kënnt een natierlech net derlaanscht, sech d'Fro ze stellen, datt mer an Zukunft d'Kooperationsprojete méi cibléiert ugin, fir bestëmmte Regiounen a Minoritéite kennen ze hëllefen.

Wéi um europäeschen Niveau ass et och sécher um nationalen Niveau ze wënschen, datt Immigration, Integration a Kooperatioun nach méi enk zesummeschaffen.

Hauptmotivatioun vun enger gudder Kooperationspolitik ass a bleift natierlech, de Mënschen, déi a Leed an Aarmut liewen, besser Liewensperspektiven ze ginn. Duerfir mussen mer nieft der quantitativer Dimensioun, déi jo zu Recht iwwerall Luef récoltéiert huet, verstärkt op d'Qualitéit vun eiser Hëllef setzen.

Am Kloertext heescht dat, datt mer d'Problemer esou mussen léisen, datt se de Besoinen an den Doléancé sur place am beschte Rechnung droen. Also, et muss verstärkt mat de lokalen Autoritéiten, den Entreprises an der Population sur place kooperéiert ginn, an dat vun Ufank un, fir datt si matagebonne ginn a sech och responsabel spieren. D'Kooperationspolitik muss Hëllef fir Selbsthëllef sinn, fir eng méi nohaltig an autonom Entwécklung an de Partnerlänner.

E wichtegen, wann net dee wichtigste Punkt vun dëser Politik ass d'Sécurité alimentaire. D'Kooperationspolitik, déi mir am Domän vun der Sécurité alimentaire verfolge, baséiert als Alleréicht op der Sensibilisation vun deene Leit, déi an hire Regiounen schaffen, wou mer déi lokal Producteurs müssen ënnerstëtzen. Si mussen sech bewusst ginn, datt d'Agrikultur fir si och e wichtige Wirtschaftsfacteur ka ginn. An dat lokaalt Entrepreneuriat soll och duerch gefördert ginn.

Lëtzebuerg huet am Kader vu sengen Aktivitéiten am Beräich vun der Sécurité alimentaire am Niger 143 km Stroosse gebaut, déi eelef Gemenge matenee verbannen, fir datt déi verschidde Produktiounszonen uneneen ugeschloss kënnen ginn an den Accès zum Marché garantéiert gëtt. Dat ass fir mech e supert Beispill vun enger ganz gudder Kooperatioun an engem vernetzte Plangen.

D'Agrikultur muss duerch eng durabel Gestiou vun den natierleche Ressourcé garantéiert ginn. D'Biedem mussen protégéiert ginn. D'Versandung, d'Desertifikation mussen verhënnert ginn, d'Bëscher müssen erhale bleiwen, d'Waasser muss rationell genotzt ginn.

Dëse Punkt bréngt mech zu engem anere wichtigen Element vun eiser Kooperationspolitik: dem Waasser. Ouni Nahrung an ouni Waasser kee Liewen. Och d'Waasserversuergung an d'sanitär Installatiounen gehéieren zu de Prioritéite vun eiser Lëtzeburger Kooperationspolitik. D'Waasser huet gläich e puer Dimensionen: déi vum Iwwerliewen, dann déi vun der Éducatioun an déi vun der Zukunft vun eise Planéit.

Als Éischt mussen mer derfir suergen, datt d'Mënschen Accès zu propperem Waasser kréien. Dat ass eng essenziell Viraussetzung fir d'Iwwerliewen a fir d'Gesondheet vun de Leit. Lëtzebuerg ass besonnesch am Senegal, a Mali, am Cap-Vert, a Salvador, Nicaragua an am Niger op deem Gebitt ganz aktiv.

Am Kader vun de Programmes indicatifs de coopération - ofgekierzt PIC - ginn hei fir déi Regiounen spezifesch a lokal adaptéiert Programmer ëmgasat. Dëst geschitt an enker Zesummenaarbecht mat de lokalen Autoritéiten, wat ganz, ganz positiv ass. Méi erneierbar Energie sollen och zum Asaz kommen. Besonnesch am Niger, am Senegal an am Mali si Mesurë fir d'Waasserversuergung an den Assainissement virgesinn.

An dësen dräi Länner gëtt an den Dierfer derfir gesuergt, datt d'Leit iwwer hydraulesch Installatiounen Accès zu propperem Dréinkwaasser kréien. Benutzergemeinschaften gi geschaf, also, d'Durabilitéit vun deene Projete gëtt duerch Dispositive garantéiert, déi speziell fir den Entretien sur place zoustänneg sinn. D'Handwierker kréien extra Formatiounen. Et gëtt och speziell drop opgepasst, datt déi lokal politesch Instanze Verantwortung fir de Service public vun der Waasserversuergung iwwerhuelen. Ëmmer erëm muss ee si drop opmierksam maachen, datt si do mussen matagebonne ginn.

D'lokal Waasserversuergung dréit dann och zum Objektiv vun der Éducatioun an der Santé bäi. Oft mussen besonnesch déi jonk Meedercher kilometerwäit all Dag goen, fir hirer Famill Waasser ze bréngen. D'Konsequenz dorauer ass, datt se net kënnen an d'Schoul goen. Duerch d'Installatioun vun enger lokaler an dezentraler Waasserversuergung gëtt dës Wee staark reduzéiert an d'Kanner kënnen, wann dann eng Schoul sur place ass, och dovunner profitéieren.

Schlussendlech entscheet de Waasserproblem iwwer Krich a Friden op dëser Welt. 2050 soll et néng Milliarde Mënschen op dëser Welt ginn. Bis dohi wäerten zwee Drëttel vun der Mënschheet e Mangel u Waasser hunn. Sait 2000 ass et scho 50 wasserbedéngte gewalttätig Konfrontatiounen ginn. Haut de Problem vum Waasser léise bedeit, de Krich vu muer ëvitéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt, een Zännrad muss an dat anert gräifen. Wat der Agrikultur, der Waasserversuergung an domadder der Ernährung déngt, erfëllt och gläichzäiteg en anert wichteg Zil: de Klimaschutz, deen eise Spriecher vun der Ëmwelt, eise Marcel Oberweis, och ganz, ganz speziell um Härz läit.

Hei droen d'Industriatiounen an ëmmer méi déi opkommend Schwellenlänner als Hauptver-

ursaacher eng besonnesch Responsabilitéit a Saache Klimawandel, déi déi Drëtt Welt am éischten ze spiere kritt.

Wat notzt et eis haut, 1% vun eise Räichtum an d'Entwécklungshëllef ze stiechen, wa muer déi Infrastrukturen, déi domadder opgebaut gi waren, duerch e Stuerm, eng Iwwerschwemmung oder eng extrem Dréchent zerstéiert ginn?

D'OECD mécht schonn zënter Joren op dës Problematik opmierksam, datt eis ambitiéis Entwécklungspolitik nëmmen da ka gräifen, wann och gläichzäiteg dem Klimawandel seng fatal Auswirkungen ofgeschwächt ginn. Duerfir mussen mir de Problem vum Klimawandel net nëmme bei eis selwer, mä och an den Entwécklungslänner ugoen. Si kënnen sech duerch hir geografesch Situatioun, hir staark Ofhängegkeet vun den natierleche Ressourcen an déi schwieereg klimatesch Bedéngunge ganz schwéier un de Klimawandel adaptéieren. An do mussen mer usetzen.

Ech si frou, datt den Ëmweltschutz zu den Hauptstrategien an -orientatiounen vun eiser Kooperationspolitik gehéiert. Konkret heescht dat zum Beispill, datt mer müssen eis asetze géint d'Ofholze vun de Bëscher, datt géint d'Versandung vun der Landschaft virgaange gëtt, datt d'Biodiversitéit erhale respektiv rekonstruéiert gëtt. Fir dat fäerdegzebréngen, müssen d'Mënschen op der Plaz sensibiliséiert ginn. Si mussen léieren, sech un de Klimawandel unzepassen; si müssen deen néidegen Know-how, de Savoir-faire vermëttelt kréien.

An dësem Kontext ass et richtig, datt de Gesetzesprojet virgesäit, datt de Fonds de la Coopération au Développement och ka Programmer finanzéieren, déi déi technesch Capacitéite vun den Entwécklungslänner stäerken. Mat där Hëllef kënnen zum Beispill Formatiounen finanzéiert ginn an och aner Mënschen eng Aarbechtsplaz kréien.

E Wuert zur Bildung. Primär Éducatioun ass och e Mënscherecht, wou der nach ganz, ganz vill haut net kënnen dervu profitéieren. Also bleift op deem Gebitt nach ganz viles opzebauen, wéi och an der Formation professionnelle.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng qualitativ héichwäerteg Politik setzt virus, datt den néidege Suivi vun eise Kooperationsprojete gemaach gëtt. Durabilitéit, Effikassitéit an Transparenz mussen garantéiert sinn.

Ech begrëssen an deem Kontext ausdrécklech, datt de Gesetzesprojet 6261 d'Agrémentsdauer vun den ONGe vun engem op mindestens zwee Joer eropsetzt. An deem Kontext ass et och richtig, datt de Contrôle duerch d'Chamber - vun deem d'Madame Arendt scho geschwat huet - vum Fonds de la Coopération au Développement verstärkt gëtt. D'Chamber kann duerch de Gesetzesprojet méi e groussen Abléck an d'Dépenden an d'Affectatiounen vun dem Fong kréien. De Comité interministériel pour la coopération au développement kritt eng speziell Kompetenz, fir d'Kohärenz vun der Kooperationspolitik ze kontrolléieren.

Am Ufank vu menger Interventioun hunn ech de Lien Immigration a Kooperatioun gemaach. Eng éischt konkret Etapp kéint sinn, d'Compositioun vum Comité interministériel pour la coopération au développement ze iwwerdenken, well momentan weder e Vertreder vun der Immigration nach vum Développement durable am Beräich vum Klimawandel vertrauden ass. All dëst sinn Elementer, déi an Zukunft d'Qualitéit vun der Kooperationspolitik stärke kéinten.

Während den Travaux préparatoires vum Gesetzesprojet 6261 sinn nach eng Rei aner Elementer diskutéiert ginn, an ech ginn haut net dorobber an. Dat kann een alles an de Rapporté noliessen.

Am Regierungsprogramm ass virgesinn, datt d'Regierung am Kader vun de Marchés publics besonnesch derfir suerge wäert, datt Produkter aus dem fairen Handel kaf ginn. Datselwecht sollen och all d'Gemenge maachen, an och mir heibannen an dobaussen am Land solle méi dovunner profitéieren, well dat dierf keng Lettre morte bleiwen.

An eis Ministesch ass déi beschten Ambassadeur, fir d'Fairtrade-Produkter ze promovéieren, an duerfir e grouse Merci.

Et ass och wichteg, datt d'Programmes indicatifs de coopération, also d'PICen, evoluéieren, datt se regelméissig den neie Gegebenheeten um Terrain ugepasst ginn, datt nei Kritären au fur et à mesure vun der Evolutioun vun eiser Kooperationspolitik derbäikommen. Och dat ass eng Fuerderung vum Cercle des ONG.

Ech wollt domadder soen, datt et eis Pflicht ass als Législateur, eis Gesetzter, déi mer stëmmen, an den Aen ze behalen an - esou wéi de Conseil d'État d'ailleurs gesot huet - ze evaluéieren, fir datt déi Suen, déi mer zur Verfügung stellen, beschtméiglech ugewannt ginn. Duerfir solle mer och verstärkt dorobber setzen.

E besonnesche Merci gëllt och all deenen, déi sech an der Kooperationspolitik engagéieren. E grouse Merci geet selbstverständlech och u Lux-Dev, déi elo schonn zënter méi wéi 30 Joer onermiddlech zesumme mat de Beamte vun der Direction de la Coopération d'Lëtzeburger Kooperationspolitik um Terrain ëmsetzen.

Ech géif gären ofschléissend soen, datt den A an den O vun enger effikasser Kooperationspolitik ass, datt mer d'ONGen, déi enorm gutt schaffen, awer müssen drop setzen, datt se méi d'Synergien notzen, datt se hiert Wesse méi austauschen an datt mer domadder och méi effikass kënnen ginn. E ganz gutt Beispill ass rezent ugefouert ginn, fir zum Beispill de Cercle des ONG mat allen Associatiounen, déi zesummen am Burkina Faso tätég sinn, ze rassembléieren an do gemeinsam Zukunftsprojeten ze promovéieren.

Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll ofschléissend allen, alle Merci soen, déi sech seit Jorzéngten am Dëngscht vu Mënschen an Nout an der Drëtter Welt engagéieren, allen Associatiounen hei am Lëtzeburger Land an doriwwe eraus. An ech maachen en Appell un eis alleguerten, datt et derwäert ass, sech fir Mënschen an Nout ze engagéieren. Ech maachen och en Appell un de Service volontaire, datt mer méi Bénévolers fannen, déi op d'Plaz ginn an dat Wësen, wat mir hei erléiert hunn, do de Leit um Terrain weidervermëttelen. Well wéi schéin huet de Raoul Follereau gesot: „Leben heißt, helfen zu leben. Man muss anderes Glück aufbauen, um selber glücklich zu sein.“

An deem Sënn, Dir Dammen, Dir Hären, kommt, mir fuere weider an ënnerstëtzen eis Ministesch an der Entwécklungspolitik, well et ass derwäert! Ech kann lech et soen. Well wann een op der Plaz war an et huet een an där gréisster Aarmut mat Mënsche gelieft, da gëtt ee vill méi zefriden, wann een heemkënn. An dann ass een och erëm motivéiert, aneren ze hëllefen.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Frank, an als nächste Riedner ass den Här Helming eragedroen.

► **M. Paul Helming** (DP).- Här President, ech géif fir d'Éischt emol probéieren, fir der Versuchung ze widderstoen, fir et quantitativ mat mengen zwou Virriednerinnen opzehuelen.

**(Hilarité)**

Well souguer am Kontext vun der Égalité des chances sinn ech der Meenung, datt et och qualitativ zur Substanz net ganz vill bréngt, wann elo e Mann grosso modo datselwecht géif soe wéi virun him zwou Fraen.

**(Interruption)**

Ech wëll just soen, datt ech mat deem, wat si gesot hunn, d'accord sinn. Ech mengen, ech kéint dat och am Numm vu menger Fraktioun soen an domat schonn undeiten, datt och d'DP dee Projet de loi hei wäert stëmmen.

Erlaabt mer awer, fir zwou oder dräi kuerz Remarquen ze maachen.

Eng éischt: Do geet et ëm d'Kohäsioun vun der Politik. Dat ass jo eppes, wat bemängelt ginn ass, och international vum Comité d'aide au développement vun der OCDE, dee gesot huet, mir missten derfir suerge vläicht, mat där generéierter Entwécklungshëllef, déi mer do géife maachen, datt mer do géifen derfir suergen, datt mer e bësse méi Kohärenz nach géifen dorannerbréngen an datt do de Comité interministériel ganz besonnesch gefuerdert wär.

Ech ginn dovun aus, datt dat jo eppes ass, wat dann och elo net hei am Gesetz zréckbehalen ginn ass, wat awer net nëmmen d'Ministesch, mä alleguerten déi Ministeren, déi concernéiert sinn, zesumme kéinten ugoen, datt dee Comité ministériel erëm géif zum Liewen erwächt ginn.

Eng zweet kuerz Remarque iwwert d'Implikatioun vun de Gemengen. Et ass jo esou, datt mer net nëmmen déi offiziell Entwécklungshëllef hunn, mä datt sech enorm vill Engagement a gudden Willen um Terrain manifestéiert, wou Leit wierklech wëllen hëllefen - oft fënnt et forcément um Niveau vun de Gemenge statt - an déi adresséiere sech och ganz oft fir d'Éischt un d'Gemengen, fir ze soen, ob gehollef soll kënnen ginn.

Ech mengen, mir begrëssen dat, datt dat méiglech ass. Ech wëll awer als jo laangjährege Buergermeeschter vun der gréisster Stad drop opmierksam maachen, datt ee soll virsiichteg sinn, wann ee selwer Projeten ugeet, well ech géif do behaupten, datt nëmmen déi allermannst esou opgestallt sinn, datt se och selwer kënnen derfir suergen, datt bei deem, wat do als Projet ugaange gëtt, datt een do déi néideg Ausdauer, deen néidegen Engagement, déi néideg Kompetenz virun allem huet, fir dat





dann och wierklech zum Erfolleg duerchze-  
zéien.

Mir hunn an der Stad een oder zwee ganz er-  
folgegräich Beispiller esou gehat. Et ass also net,  
fir ze soen: „Maacht et net!“, mä just e Wuert  
vu Virsiicht. Et ass séier gesot: „Wéi wär dat  
esou flott, wa mer an engem Parrainage oder  
engem Jumelage oder wat och ëmmer géife  
kënnen hëllefen“, mä et muss ee sech och sé-  
cher sinn, datt een dat och wierklech kann ef-  
fektiv duerchzéien.

Zu de Kritären, wéi d'ONGen zougelooss gi  
sinn, wéi gesot, do hätte mer eis vläicht nach e  
bësse méi Transparenz gewünscht. Mä do soll  
jo e Règlement grand-ducal kommen, esou  
datt ech kann dervun ausgoen, datt dat ge-  
schitt.

Dann en allerlescht Wuert: Mir maachen eis jo  
mat där Entwécklungshëllef an der Welt ganz  
vill Frënn. Mir knäppen do Bindungen un, déi  
fir Lëtzebuerg ganz wäertvoll sinn. Ech géif just  
do soen: Kommt, mir sinn do net méi kathou-  
lesch wéi de Poopst, a kommt, mir kucken, ob  
mer net op verschiddene Plazen, do, wou et  
sech praktesch ubitt... An ech denken do zum  
Beispill u Länner wéi de Vietnam oder de Laos,  
wou mer täteg sinn an déi elo iwwert dee Sta-  
dium eraus sinn, wou nach reng Entwécklungs-  
hëllef ubruecht ass, mä wou mer awer Rela-  
tione geknäppt hunn, déi awer och elo emol  
vläicht wirtschaftlech kéinte vun Intérêt sinn,  
elo, wou déi och no Wirtschaftspartner sichen.

Ech mengen, och do, wann een do e bëssen an  
der Kohärenz an an der Continuitéit géif den-  
ken, da géif ee sech vläicht iwwerleeën, ob et  
zum Beispill elo sënnvoll ass, fir eventuell dach  
awer elo eng Kiéier dee Bureau de la coopéra-  
tion am Vietnam zouzemaachen, fir dann zwee  
Joer drop ënnert dem „Luxembourg for Busi-  
ness“ erëm e Büro opzemaachen. Also, ech  
mengen, do sollt ee sech vläicht iwwerleeën,  
ob do net e bësse Continuitéit méiglech wär.

Dat alles gesot, wéi gesot, géife mer dee Projet  
hei mat grousser Freed stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Helmin-  
ger. An elo kritt den Här Marc Angel d'Wuert.

► **M. Marc Angel** (LSAP). - Här President,  
Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kol-  
leegen, gläich am Ufank wëll ech dem Nancy  
Arendt, eiser Rapportrice, Merci soe fir hire  
gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport,  
awer och fir hiren onermiddlechen Asaz, beson-  
nesch wa mer an der Kommissioun iwwer Froe  
vu Kooperatioun an humanitärer Hëllef schwät-  
zen.

Dëse Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut of-  
stëmmen, entsprécht dem Regierungspro-  
gramm vun 2009, wou ebe ganz kloer dra-  
stoung, dass d'Gesetz vu '96 soll reviséiert ginn.  
D'Regierung huet dat Engagement och geholl,  
genau zwee Joer nodeems ons Kolleegin Lydie  
Err an ech am Numm vun der LSAP eng Propo-  
sition de loi déposéiert haten, fir dat 96er Ge-  
setz ze modifizéieren.

D'96er Gesetz huet et laang erlaabt, dass ons  
Kooperatioun sech - an et ass virdru gesot ginn  
- quantitativ a qualitativ formidabel entwéckele  
konnt, fir dass mer mat der Entwécklungshëllef  
op deem exemplareschen Niveau ukomm sinn,  
wou mer haut sinn.

Wéi d'Lydie Err an ech deemools ons Propo-  
sition de loi redigéiert hunn, ass et ons drëms  
gaangen, ons Législatioun iwwert d'Entwéck-  
lungszesummenaarbecht ze aktualiséieren an  
d'Transparenz ze renforcéieren an awer och, fir  
d'Zesummeschaffen zwësche Chamber a Minis-  
tère weiderzëentwéckelen an ze verdéiwen.

Wann een deen Exposé des motifs vun der Pro-  
position de loi, awer och dee vun Projet de loi,  
liest, da versteet een, dass zwësche '96 an haut  
um Plang vun der Kooperatiounspolitik viles  
geschitt ass an dass et effektiv elo noutwendeg  
war, dat 96er Gesetz der Praxis an der Realitéit  
vum Terrain unzepassen. Ons Kolleegin Nancy  
Arendt schreift dat och an hirem schrëftleche  
Rapport. A mir vun der LSAP-Fraktioun sinn och  
hiren Meenung, dass am Fong d'Gesetz vun  
1996 a senger Essenz net a Fro gestallt ass.

An de leschte 16 Joer, säit 1996, huet also eis  
Kooperatiounspolitik sech peaufinéiert. Awer  
scho véier Joer virdrun, 1992, wéi mer dem  
CAD bäigetruede sinn, ass déi formidabel Evo-  
lutioun ugaangen. De Volume ass gestiegen.  
Ech brauch et net ze widderhuelen; d'Madame  
Frank huet eis dat en détail erklärt.

Och déi qualitativ Verbesserung, do wëll ech  
lech elo hei Zäit verueren, déi ass vun de Virried-  
ner exzellent ervirgestrach ginn, esou dass ech  
concluéiere kann...

(**Interruption et hilarité**)

...op deem dote Punkt - op deem dote Punkt! -,  
dass mer wierklech säit '96 gutt virukomm sinn

an dass mer elo effektiv mat deem neie Projet  
d'Gesetz dem Terrain upassen, och beson-  
nesch, fir ganz kloer no baussen ze weisen, wat  
d'Objektiver vun der Lëtzebuerger Koopera-  
tiounspolitik sinn a wéi se fonctionnéiert.

Mat der Virbereedung vun dëser Ried hunn ech  
nach eemol de Compte rendu analytique vun  
der Sitzung hei vum 25. März 2009 nogelies.  
Dat war déi Sitzung, wou d'Madame Err an ech  
eis Proposition de loi virgestallt hunn ulässlech  
der jährecher Kooperatiounsdebatt. An ech hat  
schonn deemools probéiert kloerzestellen, dass  
onsen Text net a Stee gemeesselt ass an dass  
d'Absicht virun allem déi war, fir méi schnell zu  
enger Adaptatioun vum 96er Gesetz ze kom-  
men, déi mir och deemools fir noutwendeg  
fonnt hunn.

No fruchtbaren Diskussiounen mat der Minis-  
tesch stellen ech fest an ech freeë mech, dass  
mer haut kënnen iwwer e Gesetzesprojet of-  
stëmmen, deen eis Zilsetzung vum deemools  
erfëllt.

Ech ka mech awer och drun erënneren, dass  
den deemolege Minister am März 2009 éisch-  
ter mat gemëschte Gefiller op eis Proposition  
de loi reagéiert hat. Hie war d'accord, dass een-  
zel Punkten am Gesetz vu '96 der heiteger  
Praxis net méi entsprechen, besonnesch wat  
d'Aide humanitaire betrëfft. Doriwwer eraus  
hat hien awer net wierklech d'Noutwendegkeet  
gesinn, méi am Detail am Gesetz d'Ziler, d'Stra-  
tegien a Prinzipië vun onser Kooperatiounspoli-  
tik festzuleeën.

Dës Haltung huet sech och nach e bëssen am  
initiale Projet de loi 6261, deen d'Ministesch  
den 9. März 2011 déposéiert huet, erëmge-  
spigelt.

Hei si virun allem déi Punkten am Gesetz adap-  
téiert ginn, déi net méi der aktueller Praxis en-  
sprach hunn. De Statsrot huet dofir a sengem  
éischten Avis vum 5. Juli 2011 bedauert, dass  
de Projet net méi ambitieus ausgefall wär a just  
punktuell Ännerunge géif virhuelen. An ech  
mengen, an dëselwecht Kerb huet och den  
Avis vum Cercle des ONG gehaen, dee virun  
allem eng Referenz op d'Cohérence des poli-  
tiques vermësst huet.

Ech mengen, dass déi Bedenken, déi op där  
enger an op där anerer Säit bestanen hunn,  
zënterhier beiséitgeraumt gi sinn. Aus den Dis-  
kussiounen, déi d'Madame Err an ech am Verlaf  
vum Joer mat der Madame Minister haten,  
huet sech gewisen, dass et am Fong vun der  
Saach keng Differenze gëtt. Mir freeën eis also  
haut, dass mer mat deem Projet hei och eng  
Rei Amendementer unhuelen, déi wierklech  
gutt sinn an och, mengen ech, vu praktesch all  
Mënsch an der Kommissioun begreist gi sinn.

Et war eis och wichteg, am Gesetz selwer méi  
däitlech ze maachen, wéi gesot, wat d'Ziler vun  
onser Kooperatioun sinn a wat fir eng Moyenë  
mer dofir asetze wëllen an no wat fir enge Prin-  
zipië mer schaffen. Mir stëmmen also haut  
iwwer e Gesetz of, wat och der Suerg vun der  
Ministesch Rechnung dréit, dass mer den Text  
esou formuléiert hunn, dass mer zukünfteg  
Evolutiounen am Beräich vun der Entwéck-  
lungshëllef kënnen integréieren, ouni dofir di-  
rekt erëm Ännerungen am Gesetz virhuelen ze  
mussen.

E wichtegen Diskussiounspunkt war natierlech  
dee vun der Cohérence des politiques. Et ass en  
Argument, dat ganz regelméisseg ugeschwat  
gëtt, wann et ëm Entwécklungszesummenaar-  
becht geet. Wann een den Impakt kuckt, dee  
verschidde Politikberäicher op d'Situatioun an  
den Entwécklungslänner hunn, da muss een  
natierlech zouginn, dass Entwécklungshëllef oft  
nëmmen eng Drëps op de waarme Steen ass  
an dass eenzel Décisiounen vun den Industrie-  
staten an der Aussenhandelspolitik oder Kli-  
mapolitik, Landwirtschaft - et ass virdru gesot  
ginn - zum Deel dat zerstéiere kënnen, wat mer  
mat Entwécklungsgelder opgebaut hunn.

Et ass awer och richtig, dass d'Aarmut an allen  
Entwécklungslänner ënnerschiddlech Ursaa-  
chen huet an d'Industriestaten net eleng schoold  
sinn um Misär vun der ganzer Welt. An et ass  
och normal, dass mir als Lëtzebuerger Interes-  
sen hunn, déi genauso legitim si wéi déi vun  
onse Partnerlänner.

Dass et do Interessenskonflikter gëtt, ass nor-  
mal. An et ass eben dofir wichteg, sech Gedan-  
ken ëm d'Kohärenz an der Politik ze maachen,  
fir zumindest do, wou et méiglech ass, kontra-  
produktiv Iwwerschneidungen ze verhënneren.  
Mir verstinn och, dass d'Ministesch op deem  
Punkt eng begrenzte Kompetenz huet an net  
eleng kann Décisiounen treffen, déi iwwert  
d'Kooperatiounspolitik erausginn. Si huet eis  
awer an der Kommissioun verséichert, dass an  
der Regierung Gespréicher an deem Sënn statt-  
fannen, wa sech eng Situatioun ergëtt, wou  
deem enge seng Décisioun sech negativ op  
deem anere säi Politikberäich kéint auswirken.

Mir sinn och dofir frou, Madame Ministesch,  
dass d'Motioun vun der Cohérence des poli-

tiques awer am Kader vun enger Rei Amende-  
menter an d'Gesetz ageschriwwwe gouf, fir dass  
et och no baussen ze gesinn ass, dass dës  
Iwwerleeunge gemaach ginn a wat fir eng  
Konklusiounen doraus gezu ginn.

Domat wäeren zwee vun dräi Ziler erreecht, déi  
d'Lydie Err an ech am A haten, wou mer eben  
dës Proposition de loi geschriwwen hunn.  
D'Gesetz gëtt mat deemem Projet de loi un déi  
aktuell Praxis ugepasst. An et léisst eis no  
bausse méi kloer erkennen, wéi gesot, wat d'Zi-  
ler an d'Strategien an d'Prinzipië vun onser Po-  
litik sinn.

En drëtt Zil war et, d'Chamber méi staark an  
d'Kooperatiounspolitik matabannen ze kënnen.  
D'Resultater vun der Kooperatiounspolitik gesi  
mer emol net ëmmer direkt virun eiser Haus-  
dier. A mir hunn och keen direkte Kontakt mat  
de Bénéficiairen. Dat ënnerscheet d'Koopera-  
tiounspolitik vun allen anere Politikberäicher. Et  
wär fir d'Deputéiert immens einfach, dëse Sujet  
lénks leien ze loossen, zemools well iwwert déi  
Projete keng Gesetzer hei an der Chamber ge-  
stëmmt ginn an och just eemol am Joer eng  
Ried hei vun ons verlaangt ginn ass, wéi dat  
eben all Joers war.

Ech wëll awer domadder net soen, dass d'Re-  
gierung an dëser Fro eist Vertrauen net ver-  
déngt hätt, au contraire. Et gëtt hei eng ganz  
exzellente Aarbecht geleescht an dat gëtt eis jo  
och um internationale Plang bestätegt. Et geet  
mir virun allem drëms, dass den Desinteressi an  
d'Indifferenz e Risiko fir dës gutt Politik duer-  
stellen, well een dat, wat een net interesséiert  
an net versteet, och manner bereet ass ze  
ënnerstëtzen.

D'Lydie Err an ech hunn eis dofir Gedanke ge-  
maach, wéi een de Sujet Entwécklungszesum-  
menaarbecht méi präsent kéint an der Cham-  
ber halen. Zum engen, schéngt et mer, si  
schonn eng ganz Rei Schrëtt an déi richtig  
Richtung gemaach ginn, zum Beispill andeems  
mer d'Ried vun der Kooperatioun an den  
Hierscht verluecht hunn, nodeems mer am Juli  
de Rapport vun Ministère virgestallt kréien, am  
September d'Assisé vun der Kooperatioun an  
dann ee Mount duerno hei den Débat hunn,  
esou dass déi Evenementer net lassgeléist vun-  
enee stattfannen.

Doriwwer eraus läit et natierlech och un eis, un  
der Kommissioun oder och hei un der Plénière,  
iwwer eenzel Aspekter vun der Kooperatioun ze  
diskutéieren. Dat sollt menger Meenung no  
méi systematesch gemaach ginn, zum Beispill  
wa mer d'PICen ausschaffen. Och do si scho  
gutt Usätz gemaach ginn, mä dat kënnen mer  
an Zukunft nach sécher verdéiwen. Et freet  
mech, dass d'Madame Minister ëmmer an  
d'Kommissioun komm ass, wann déi lescht  
PICen diskutéiert gi sinn a presentéiert gi sinn.

Ech denken awer och zum Beispill elo un déi  
Situatioun, wéi se am Mali ass. De Mali ass eent  
vun eise Partnerlänner. Dir wësst, dass et virun  
e puer Deeg do zu engem Putsch koom. Mir  
hunn do Projete lafen. Eis Agence Lux-Develop-  
ment huet do Leit um Terrain. D'Madame Mi-  
nistesch, mengen ech, huet an der Press  
schonn e puer Informatiounen ginn. Et wär  
vläicht interessant, wann Der eis kéint soen,...

(**Interruption**)

...wou mer do mat eise Projeten dru sinn.

No den Diskussiounen, déi mer also an der  
Kommissioun haten, si mer d'accord, dass  
d'Instrument vum PIC just generell am Projet  
de loi agesat ass, well jo effektiv d'Terminolo-  
gien an deem Beräich kënnen ganz schnell än-  
neren.

Mir waren och vun Ufank u mat der Ministesch  
enger Meenung, dass näischt soll an d'Gesetz  
ageschriwwwe ginn, wat et herno kéint schwéier  
maachen, wann um internationale Plang nei  
Konferenze sinn, nei Projete sinn, wa mer eis  
do un Entwécklung missten upassen. Dofir hu  
mer och net d'Déclaration de Paris, Accra no-  
minativ am Gesetz dran. An et ass och gutt  
esou.

Mir als LSAP sinn zur Konklusioun komm, dass  
d'Kooperatiounsgesetz net déi richtig Plaz wär,  
fir eppes iwwert d'Kompetenze vun de Ge-  
mengen ze schreiwen. Dat bedeit net, dass ee  
sech net iwwert d'Roll vun de Gemengen an  
der Kooperatiounspolitik soll Gedanke maa-  
chen. Et kann ee gedeelter Meenung driwwer  
sinn, ob d'Gemengen iwwerhaupt an deem  
Domän aktiv solle sinn oder net.

Et ass awer e Fakt - an ech mengen, de Paul  
Helminger huet et virdrun ugeschwat -, dass  
vill Gemenge sech an där enger oder anerer  
Form un der Entwécklungszesummenaarbecht  
bedeelegen. Perséinlech fannen ech dat och  
gutt, well d'Gemenge sinn no um Bierger an e  
wichtige Multiplicateur a kënnen deemno e  
wichtige Bäitrag leeschten, fir d'Leit ze sensibi-  
liséieren a mat guddem Beispill virzegoen, an-  
deems se hir Solidaritéit mat de Leit an der  
Drëtter Welt zum Ausdrock bréngen.

D'Gemenge sinn natierlech autonom. An et  
geet mir hei net drëms, dass de Ministère hinne  
soll Virschrëfte maachen. Et geet mer drëms,  
dass all Gelder, déi an d'Kooperatioun gestach  
ginn, méiglechst effizient solle genotzt ginn an  
dass d'Gemenge genauso wéi d'ONGe sollte  
kënnen vum Wëssen a vun den Erfahrungen, déi  
de Ministère huet, profitéieren.

Doriwwer eraus wär et wichteg a gutt, wann  
den Austausch zwësche Ministère an de Ge-  
menge kéint verstärkt ginn, fir besser ze ge-  
sinn, wou d'Gemengen eng echt Plus-value  
kënnen bréngen, net dass et zum Risiko kéint,  
fir en Double emploi mat aneren Acteuren ze  
maachen. D'Assisé vun der Kooperatioun wäeren  
e gudder Kader.

Da wollt ech nach eng lescht Remarque maa-  
chen. Iwwerhaupt betrëfft d'Cohérence des poli-  
tiques jo net nëmmen d'Regierung. All Acteur  
soll sech domat ausenanersetzen, wat anerer  
maachen a wéi déi eegen Aktivitéite sech mat  
aneren ergänzen. D'Assisé sinn effektiv dofir  
eng flott an interessant Plattform, déi deen Aus-  
tausch fördere kann a wat hoffentlech och der-  
zou féiert, dass ee bei deem engen a bei deem  
anere gutt Iddien iwwerhuele kann an dann déi  
„best practices“ duerchsetze kann.

An elo kommen ech zur Konklusioun, léif Kol-  
leeginnen a Kolleegen. Als Konklusioun wollt  
ech soen, dass d'Gesetz eleng nach laang net  
iwwert d'Qualitéit an den Engagement an der  
Kooperatiounspolitik bestëmmt. E Gesetz soll  
awer e Kader schafen, an deem dësen Enga-  
gement sech kann entfalten, a Prinzipië fest-  
leeën, déi d'Reflexioun iwwert d'Qualitéit orien-  
téieren.

Mir vun der LSAP-Fraktioun sinn dofir frou, dass  
d'Gesetz vun 1996 elo ugepasst ass an dass  
esou vill vun eisen Iddien doranner konnten  
eräfléissen. Dofir freeën ech mech, dass mer  
dëst Gesetz elo haut hei zu spéider Stonn kënnen  
stëmmen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Angel.  
An als nächste Riedner ass den Här Adam  
agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (déi gréng). - Merci, Här  
President. Fir d'Éischt wollt ech mäi Kolleeg Félix  
Braz entschëllechen, deen ass haut op Bréissel  
bei de Conseil de l'Europe. Ech wollt dat awer  
soen, well déi Aarbecht, déi ech hei virstellen,  
dat ass seng Aarbecht. An ech wollt fir d'Éischt  
a mengem Numm an am Numm vun Félix der  
Rapportrice Merci soe fir hiren exzellente Rap-  
port zum Gesetz an dat villt Engagement, mat  
deem si dësen Dossier an der Kommissioun  
virugedriwwen huet.

En décke Merci och dem Statsrot, deen en zo-  
lidd motivéierten Avis gemaach hat. Dësen Avis  
huet schlussendlech derzou bäigedroen, datt  
d'Gesetz op enger Rei Punkten nach konnt ver-  
bessert ginn.

Erlaabt mer, och e puer Wuert zur Geschicht  
vun deemem Text ze soen, ier ech dann d'Posi-  
tioun vun der grénger Fraktioun duerleeën.  
D'Madame Arendt huet dat schonn ausféier-  
lech gemaach, duerfir halen ech mech do ganz  
kuerz. Dat éischt Gesetz, dat ee konnt Koope-  
rationsgesetz nennen, ass aus dem Joer 1982.  
Deemools goung et virun allem ëm d'Leit, déi  
an der Kooperatioun aktiv waren. 1985 da  
koum et zum éischte groussen ëmfaassende  
Gesetz. Deemools war de Robert Goebbels  
Statssekretär an hien huet dat Gesetz a ganz  
enker Zusummenaarbecht mat der Zivilgesell-  
schaft ausgeschafft. An esou koum et dann och  
sécher zu deem gudden Gesetz, wat bis 1996  
duergehalen huet an dunn eng éischte Kiéier  
iwwerschaft gouf.

Ronn zéng Joer méi spéit dann, no de Wale  
vun 2004, war et erëm esou wäit, datt dat Ge-  
setz hätt sollen iwwerschaft ginn, well et ei-  
gentlech zu deem Zäitpunkt a senger wesentle-  
chen Elementer 20 Joer al war a well d'Koope-  
ratioun zu Lëtzebuerg an deenen 20 Joer sech  
enorm entwéckelt hat. 2004 hate mer och een  
Niveau vun Dépensen an d'Strukturen opge-  
baut, déi et erlaabt hätten, e substanzuelle  
Schrack virunzegoen. Awer déi Regierung vun  
2004 an notamment de Minister Schiltz woll-  
ten net!

Virun de Wale vum Joer 2009 hunn dunn  
d'Deputéiert Err an Angel eng eege Propo-  
sitioun eragereecht. Dëst war zwar kee fäerdegen  
Text, et war éischter eng Serie Denkestëss, mä  
et waren interessant Denkestëss a mir hätten  
déi gären an deemem Gesetz erëmfonnt. Leider  
huet et awer och dës Kiéier um politesche Wëlle  
gefeelt, fir dës interessant Iddien och ëmzeset-  
zen.





Wat mer elo hei leien hunn, ass éischter eng Verwaltungsreform wéi déi néideg nei Orientatioun vun der Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik, 20 Joer no Rio a kuerz virum Enn vun där Period, déi mer eis ginn haten, fir d'„Millennium development goals“ ze erreechen. Erlaabt mer, kuerz opzezielen, wat eis an dësem Gesetz feelt; an ech beschränke mech elo op déi Punkten, déi och net am Avis vum Statsrot erwähnt sinn.

Éischtens: Et ass gutt, an dat ass och scho gesot ginn, datt d'Cohérence des politiques pour le développement elo Agank an d'Gesetz fonnt huet. Et geet jo dorëms ze kucken, ob mer an den diverse Politikberäicher wéi Landwirtschaft, Steierpolitik, Klimapolitik, europäesch Fëscheriopolitik an esou weider net déi Ziler torpedéieren, déi mer an der Kooperatioun wëllen erreechen. Et geet dobäi also ëm handfest Interessenskonflikter, tëschent deene muss trancheiert ginn. Et ass also gutt, datt dësen Usaz schéi am Gesetz erëmfënnt.

Awer et kann net d'Aufgab vun engem Comité interministériel sinn, sech dës Froen ze widmen. Et geet hei ëm politesch Froen. Do muss de politesch Verantwortlechen aus dem Beräich Kooperatioun de Lead iwwerhuelen, an net seng Beamten! Esou wéi dat elo hei virgesinn ass, komme mer op kee gréngen Zweig.

Zweetens: An der Propos vun den Deputéierten Err an Angel huet eis och besonnesch gutt déi Iddi gefall, datt all Accord indicatif de coopération, also all groussen Accord mat engem Pays prioritaire, als Gesetz déposéiert misst ginn. Dat gëtt eis d'Geleeënheet, eng breet Diskussioun ze féieren, a virun allem géif et de Rôle vun de Parlamentarier an der Kooperatioun stäerken. Grad dëst ass e Volet, dee leider ënnert den Dësch gefall ass!

Wéi kënne mer wierklech zu enger dezentraliséierter Kooperatioun kommen: D'Regierung vun hei mat der Regierung vun engem méigleche Partner op der Plaz, d'Parlament vun hei mat dem Parlament op der Plaz an d'ONGe vun hei mat den ONGe vum Terrain.

Drëttens: Bei dëser Opzielung hunn ech elo bewosst den Niveau vun de Gemengen erausgelooss, well deen e eegent Kapitel wäert wier, mä och dat Kapitel feelt komplett an dësem Gesetz. Dobäi ass et méttlerweil esou, datt zu Lëtzebuerg eng sëlliche Gemenge mat méi oder manner Engagement a mat méi oder manner Kompetenz sech och am Beräich Kooperatioun engagéieren. De Paul Helminger ass scho kuerz och op dee Sujet gaangen. Wier et net bei dësem Gesetz d'Geleeënheet gewiescht, sech domadder auserneezenesetzen an do Neel mat Käpp ze maachen? Dëst hätt der Lëtzebuerger Kooperatioun gutt zu Gesiicht gestanen.

Véierten a leschte Punkt, wou ech wëll drop agoen: Dëst Gesetz wier och eng gutt Geleeënheet gewiescht, sech emol Gedanken ze maachen, wat dann haut nach ënnert dem Konzept vun engem „pays en voie de développement“ ze verstoen ass. Gëtt et och Länner, déi hir Entwécklung schonn ofgeschloss hunn? Dëst Gesetz hätt kënne d'Geleeënheet sinn, fir och de Partnerlänner e Matsproocherecht ze ginn. E Matsproocherecht, wat an eisem Gesetz verankert wier, beispillsweis, datt déi national Parlamentarier aus de Partnerlänner och sollten en Avis ofginn zu de PICen - also zu de Programmes indicatifs de la coopération - an datt mer déi dann och hei géifen diskutéieren.

Mir fannen dëst Gesetz vill ze wéineg ambitieus! Et ass eng verpasste Chance, fir och d'Lëtzebuerger Kooperatioun an d'21. Jorhonnert ze hiewen. Duerfir wäerten déi gréng sech beim Vote enthalen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären och mir soen der Madame Rapporteur villmools Merci fir hire ganz komplette Rapport. Si wor besonnesch komplett, wou et drëm gaangen ass, d'Madame Minister ze luewen.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Dat hutt Dir net gären, gell!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Neen, wéi hutt Der dat geroen?

Mir bedauern, datt d'Règlements grand-ducaux net virleien. Normalerweise géife mer scho mengen, datt, wa mer e Gesetz stëmmen, mer sollten déi Texter hunn. Déi hu mer haut

net. Mä dëst Gesetz bréngt e puer kleng technesch Prezisiounen a Verbesserungen, an dofir stëmmt d'ADR och net géint dat Gesetz.

Et ass och gutt, datt mer déi humanitär Hëllef ernimmen, datt mer gewësse Prezisiounen bei de Sozialversécherungen abauen. An ech benotzen och déi Geleeënheet ganz gär, fir all deene Merci ze soen, deenen Organisatiounen an deene Leit, déi sech um Terrain wierklech direkt engagéieren, fir do wierklech dacks ganz nützelech a schwéier Aarbecht ze leeschten.

Mä et gëtt och eng Rei vu Kritiken, an déi wëlle mer hei och an d'Diskussioun abréngen. Et wär vläicht falsch, wa mer all nëmme géife luewen an net och déi Saach mat enger gewëssener Objektivitéit emol ugoen.

Dëst Gesetz ass eng verpasste Chance! D'Entwécklungshëllef gëtt nach ëmmer mat enger Zort vu Messianismus hei gesinn, eng Aufgab, an där mir Lëtzebuerger an déi grouss wäit Welt fueren, fir déi aner Gesellschaften no eisem Modell ze verbesseren. Dat ass net grad bescheiden! Och dat éischt Zil vun dësem Gesetz ass net grad bescheiden, wa mir soen, dat Zil vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef wär emol direkt d'Éradicatioun vun der Aarmut an der Welt. Loosse mer emol een Abléck d'Problemer vergiessen, déi sech ëm d'Definitioun vun der Aarmut do strécken. Mä, beim beschte Wëllen, de Kampf géint d'Aarmut an der Welt ass emol un éischter Plaz d'Aufgab vun deene Regierungen an deene Länner, wou d'Leit aarm sinn. Et ass deenen hir Verantwortung un éischter Plaz! An dat steet néierens.

Et ass gradesou wéi mam Honger. Den Honger an der Welt ass, wann een d'Saach analyséiert, dacks d'Resultat vu schlechter Gouvernance an deene betraffene Länner, vun ongerechte soziale Verhältnissen, vu Kulturen, déi ganz anescht si wéi eis Opfaassungen, vun Ausbeutung a Korruptioun. Ech mengen, dat ass einfach eng Facette. Mir sollen eis net d'Schold un allem ginn an der Welt. Mir kënne sécher hëllefen, mä déi aner stinn emol éischtens selwer an hirer Verantwortung!

Da gesi mir, d'ADR, d'Entwécklungshëllef realistesch. Bei allem Gudden, wat si leescht, a si leescht vill Guddes, ass d'Entwécklungshëllef fir eis awer och ëmmer en Handlungsmodus am Kader vun eiser Bausepolitik. Si muss eisen Interessen dëngen a sech aschreien an en diplomatescht Gesamtkonzept fir eis Relatiounen mat eise Partnerlänner. D'Entwécklungshëllef muss sech och an e sécherheetspolitesche Kader aschreien.

Op anere Plaze bekennt sech jo och eis Regierung zu dëser Politik vun de sougenannten „dräi D“en: Développement, Diplomatie, Défense. Den Här Halsdorf, CSV, ënnersträicht dat ëmmer. D'Gesetzesprojete vun der Madame Jacobs, CSV, do steet näischt dovunner dran. Dat ass net kohärent! Wa mer vu Kohärenz vun de Politike schwätzen, dann hätt ech emol gär eng Kohärenz an der CSV. Dat wär e Progrès, och am Dossier „Fëmmen“, am Dossier „Tram“ an a villen aneren och! Also mir hätten eis erwaart, d'Konzept vun den „dräi D“en an dësem Gesetz erëmfannen.

Fir d'ADR ass et kloer, datt esou e rësege Budget wéi deen hei och muss eisen Entrepreneuren guttkommen. Et ass kee Verbrieche géint d'Mënschlechkeet, fir eise Betriber d'Méiglechkeet ze ginn, fir mat un der Entwécklungshëllef ze verdéngen. Dat mécht all Land, ausser eisem. An déi aner hunn domat recht, an net mir! Mir vertrieben als ADR, datt mir net nëmme sollen net gebonnen Hëllef leeschten - dat kënne mer och maachen -, awer eben och gebonnener, fir eis Entrepreneuren ze ënnerstëtzen, notament an Zäiten vun ekonomesche Problemer, notament an Zäiten, wou mer e Problem vu Chômage hunn, dee beandrockend héich ass. An ech mengen, do hätt dës Politik och kënne e Bäitrag leeschten.

Ech froe mech, wat den Aarbechtsminister an de Wirtschaftsminister an engem Conseil de Gouvernement soen, wou Dir hei en Text proposéiert an eng Politik bedreift, wou nëmme net gebonne Politik (veuillez lire: net gebonnen Hëllef) proposéiert gëtt an aner Ministeren derneewent setzen an dat duerchgoe loosse, fir esou eppes ze maachen. Bei eis wär dat net méiglech!

An deene besonnesch wirtschaftlech schwierigen Zäiten muss d'Entwécklungshëllef genee wéi all anere Politikberäich hannerfrot ginn. Heibannen erënnere sech der bestëmmt nach vill drun - sollte sech op jiddwer Fall drun erënnere -, wat gesot gouf, wéi mer sengerzäit vun 0,7% vum Bruttonationalakkomes op 1% vum Bruttonationalakkomes eropgaange sinn deemools. Notament vum Minister Goerens ass gesot ginn, da kënne mer jo erëm erofgoen op 0,7%, wann d'Zäiten da méi schlecht ginn. Mir hunn den Androck, datt d'Zäite schlecht sinn an datt et elo un der Zäit ass, fir erëm erofzegeen op dat politesch Zil, wat mer als internationalen Engagement hunn: Dat ass 0,7, dat ass net 1, plus!

Op wat waarde mir, fir kënne erofzegeen op déi 0,7? Mir missten och emol eng Kéier hei soen, datt Kritik un der Entwécklungshëllef muss och mat Toleranz a Versteedsdemech gesi ginn. Ech wor selwer - an ech mengen, vill Kolleegen heibannen och - getraff, wéi dës Deeg eng Situatioun wor, wou eng Gewerkschaft hei am Land Kritik un der Entwécklungshëllef geäussert huet an un där Iddi, fir Lëtzebuerg an den UNO-Sécherheetsrot ze bréngen, an dann ass ee Minister vun der LSAP, deen da seet, dat wär net akzeptabel, an e verbitt praktesch der Gewerkschaft de Mond an associéiert dat nach mat enger Zort vu Chantage, fir ze soen, e géif den Accord salarial net ënnerstëtzen, wann esou eng Kritik géif widerholl ginn.

Eleng dat ass e Grond, fir hei déi Kritik ze widerhuelen. Si ass an eisen Ae vollkomme berechtigt, an eng Erpressung duerch e Minister ass einfach net akzeptabel!

D'Zäit wär also kommen, fir an der Entwécklungshëllef och ze spueren. A wann een dat Gesetz hei kuckt, wat gesi mer? Hei ginn déi Kontributiounen vun der Regierung vun 200% op 400% erop. Dat ass net grad, wat mir géifen nennen: e Spuerereffort. An och, fir d'administrativ Käschte vun den ONGen a Form vun engem Subsid aus dem Fong vun der Entwécklungshëllef ze bezuelen, dat ass och kee Spuerereffort. Et ass och net transparent.

Eng Netregierungsorganisatioun - an dat ass jo de Fall hei -, eis Netregierungsorganisatiounen ginn de facto ëmmer méi vun der Regierung bezuelt. An da muss ee sech froen: Sinn dat nach Netregierungsorganisatiounen? Wéi ass et mat hirer Onofhängegkeet géintwuerter der Regierung? A rutsche mer net lues a lues vun engem Secteur vun Netregierungsorganisatiounen an ëmmer méi e grouse parastaatleche Secteur eran?

Ech mengen, dat ass eigentlech déi Situatioun, an där mer hei am Land elo sinn. Vlächet ass dat jo och gewollt, politesch gewollt.

Ech mengen, mir müssen eis all Kéiers d'Fro stellen, wann et ëm Subventiounen geet, ëm Subsidien, ëm Conventiounen, wou vill Sue fléissen, ob net och ëmmer déi Partei, déi déi Sue verdeelt, en elektoralen Interessi domadder verbënnt. Ech mengen, dacks kann een dat net ganz vergiessen, an dofir - dofir! - ass et ganz wichteg, op eng perfekt Transparenz an esou Dossier ze insistéieren.

Ech wëll net insinuéieren, datt eppes Falsches geschitt. Mir hu jo e System vun Auditen an esou weider, mä ech wëll awer insistéieren op eng perfekt Transparenz.

Ech fille mech onwuel. Ech ginn Iech een eenzeg Beispill: D'Caritas, déi mécht vill Guddes, do ass keen Zweifel. Ech mengen, déi huet an deene leschte Joren ënner zwee CSV-Minister - Ärem Virgänger, dem Här Schiltz, an Iech selwer - iwwer 53 Milliounen Euro an deem do Beräich kritt. An den Direkter vum Conseil d'administration vun der Caritas ass och eng wichteg Perséinlechkeet am Grupp Saint-Paul, an de Grupp Saint-Paul ass dofir bekannt, datt e säiteweis Gratispropaganda fir d'CSV mécht.

Ech maache just dorobber opmierksam. Jiddweree kann déi Konklusiounen zéien, déi e wëllt. Ech fannen esou Situatiounen net ganz iwwerzeegend.

(**Interruption**)

Här President,...

(**Interruption**)

Jo, Dir wësst jo...

(**Interruptions diverses**)

Ah, bezuelt Dir all déi Artikelen, déi iwwer Sectionsréuniounen - mat Fotoen -, iwwer Sectionsgeneralversammlungen am „Lëtzebuerger Wort“ vun der CSV erschéngen?

(**Interruption**)

Wou sinn dann d'Reportagen iwwert d'LSAP oder déi gréng oder d'DP am „Lëtzebuerger Wort“? Wësst Der, wéi et ass? An dat hat ech och op eisem Kongress gesot. Ech soen Iech, wéi et ass: D'kathoulesch Kierch messbraucht hei hir Zeitung, fir Reklamm ze maachen, Gratisreklamm fir d'CSV. Dat ass net akzeptabel!

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Wat huet dat da mat der Kooperatioun ze dinn?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Sou, elo komme mer zrëck op dat Gesetz.

(**Interruptions diverses**)

Jo, et ass awer gutt, fir dat emol hei heiansdo ze soen. Et muss gesot ginn.

An dann hu mer hei de Problem mat den europäeschen Texter, wou mer op eemol d'Nationalitéit vun den ONGen eraushuelen. Firwat huele mer d'Nationalitéit vun den ONGen eraus? Wat geet dat d'Europäesch Kommission iwwerhaupt un?

Natierlech soll d'Lëtzebuerger Regierung déi lëtzebuergesch ONGen ënnerstëtzen, déi an der Entwécklungshëllef aktiv ginn, net déi bulgaresch an net déi finnesch. A wann déi wëllen hei iwwert de Lëtzebuerger Fong Sue kréien, da solle se hei eng A.s.b.l. vu Lëtzebuerger Recht grënnen an da kënne se jo den Agrément kréie wéi all déi aner och. An dann hu mer och herno keng juristesche Problemer, wann et drëm geet, fir de Contrôle financier ze maachen, mam Siège effectif a mat anere Froen, déi dann administrativ awer vu Bedeitung sinn.

Ee Kompliment wëll ech der Regierung awer maachen. Ee Kompliment muss ech hir maachen.

► **Plusieurs voix.** - Aaaah!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Si gëtt zou an dësem Gesetz, datt, wa mir se net zwéngen, hir Promessen anzehalen, da mécht se et net. Well hei am Gesetz steet jo: «Le Grand-Duché de Luxembourg...» - wou mir als Chamber der Regierung soen, datt se muss hir Versprieche respektéieren - «...respecte les engagements et tient compte des objectifs...» an esou weider.

Ech hunn nach zwouanenghalfe Minutten, Här President, well ech eng Motioun déposéieren.

Dofir froen ech mech, ob mer net och emol eng Kéier hei proposéieren, fir e Gesetz ze stëmmen, datt d'Regierung och hir national Engagementer misst anhalen, zum Beispill am Dossier Upassung vun de Steiertabellen un den Index..., un d'Inflatioun, pardon. Do hate mer jo och eng Diskussioun viru Kuerzem.

(**Interruptions diverses**)

Ech wëll nach op ee Punkt an deenen...

(**Interruptions et brouhaha**)

...zwouanenghalfe Minutten, déi ech hunn...

► **M. le Président.** - Här Kartheiser, Dir hutt elo nach genau eng halfe Minutt, an dann déposéiert Der Är Motioun an da kënnt Der nach zu der Motioun schwätzen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech kommen op d'Motioun, an do geet et ëm d'PICen. D'PICen, déi Programmes indicatifs de coopération, dat sinn international Traitéen, Artikel 37 vun der Constitution. Et gëtt Jurisprudenzen, an ech maachen Iech op déi opmierksam, déi stinn och am Compendium iwwert d'Constitution dran. Et ass en Arrêt vun der Cour vun 1960 an ee vun der Cour de cassation vun '61, déi kloer soen, datt d'Form vun esou engem Traité net ofhängeg ass vun der Nécessitéit ze ratifizéieren, fir datt esou en Accord iwwerhaapt ka gültig sinn.

Ech mengen, den Här Angel weess, vu wat ech schwätzen, well hien hat jo och e bëssen an déi Richtung geduecht.

Mir denken, datt all PIC muss ratifizéiert a publizéiert ginn an der Chamber, an an deem Sënn wëll ech hei eng Motioun déposéieren, déi och fënnf Ennerschrëften huet, déi ganz kloer seet, datt de PIC en internationalen Traité ass - c'est un fait! - an och protokollaresch an der Hierarchie souguer net méi an net manner héich wéi en „Memorandum of understanding“ oder aner Saachen, déi mer hei ratifizéieren.

Et ass e finanziellen Engagement géintwuerter anere Staten, a mir insistéieren drop, datt déi konstitutionell Prozeduren hei agehalen ginn, d'Jurisprudenz respektéiert gëtt an d'PICen an Zukunft vum Parlament ratifizéiert ginn.

Hei, wann ech gelift, Här President, ass déi Motioun, an ech soen Iech all villmools Merci fir d'Nolauschteren an Är Gedold.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*- qu'une part non négligeable de l'aide à la coopération et au développement est affectée aux «Programmes indicatifs de coopération» (PIC);*

*- que ces programmes constituent des traités internationaux;*

*- que la Constitution prévoit dans son article 37: «Les traités n'auront d'effet avant d'avoir été approuvés par la loi et publiés dans les formes prévues pour la publication des lois»;*

*- que les «Programmes indicatifs de coopération» déjà conclus n'ont jusqu'à présent pas été soumis à la Chambre;*

*invite le Gouvernement*

*- à présenter à la Chambre les «Programmes indicatifs de coopération» (PIC) déjà conclus aux fins de ratification;*

*- à faire ratifier tout nouveau «Programme indicatif de coopération» selon les procédures prévues pour les traités internationaux.*





(s.) *Fernand Kartheiser, Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Serge Urbany.*

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Elo kritt d'Wuert d'Kooperatiounsmistesch Marie-Josée Jacobs.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.**- Merci, Här President. Ech sinn eigentlech esou vill hei gelueft ginn, datt ech elo net weess, ob ech mer hei soll e schlechten Numm den Owend maachen an nach eng Kéier alles soen, wat ewell fénnefmol gesot gouf,...

► **Plusieurs voix.**- Neen!

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.**- ...sou wéi d'Kanzlerin gesot hat: „Es ist noch nicht von jedem alles noch einmal gesagt worden.“ Dorobber géif ech da verzichten, well Der esou fei mat mer woort.

Ech géif awer wëllen der Rapportrice, der Madame Nancy Kemp-Arendt, villmools Merci soe fir hire Rapport. Och all deenen anere Leit - dat ass den Owend och hei gesot ginn -, déi an der Kooperatioun schaffen, egal ob dat hei zu Lëtzebuerg ass, ob dat an der grousser wäiter Welt ass; Leit, déi eng wichteg an zu engem Deel ganz dacks eng Aarbecht maachen, déi net einfach an net ongeféierlech ass.

Ech wëll soen, datt dat Gesetz vun 1996 e ganz gutt Gesetz wor, an ech soen dat mat ëmsou méi enger grousser Begeescherung, wéi et net vun engem CSV-Minister geschriwwen gouf, mä vun engem sozialistesche Statssekretär, dem Kolleg Georges Wohlfart. Mat deem Gesetz konnte mir an deene leschte Jore vill a gutt a positiv Aarbecht maachen.

Et gëtt awer Zäit, datt mer och ufänken, dat e bësselchen op de Métier ze huelen an ze verjüngen, an duerfir hu mer also eng Partie vun deene Saachen haut an deem neien Text do dran. Och vun der Proposition de loi vun den Deputéierte Lydie Err a Marc Angel fannt Der eng ganz Partie Remarquen hei erëm, d'selwecht wéi och aus den ONGen, déi jo och eng Partie vun deene Propositionne gemaach hunn.

Eng Kéier am Joer komme mer heihinner, fir den Débat ze féieren, mä ëmmer erëm, wann d'Chamber wëllt oder wa mir eppes ze maachen hunn, ass ëmmer de President, de Ben Fayot, bereet, eis Zäit och ze ginn an der Kommissioun, fir datt mer kënnen en long et en large iwwer all Punkten diskutéieren, déi d'Deputéiert interesséieren an déi mer och gäre mat lech zesumme beschwätzen. Duerfir mengen ech, ass dat och wichteg, datt mer déi Plaz an och déi gutt Zesummenaarbecht hunn.

Ech si frou, datt mer och d'Aide humanitaire elo an deem neie Gesetz expressis verbis dra-stoen hunn. Dat wor ebe '96 net esou de Fall, an duerfir ass dat jo gutt, datt mer dat konnten afeieren.

Et ass och wichteg, datt den Agrément, d'Durée vum Agrément ëm zwee Joer verlängert gouf, wat virun allem emol deene klengen ONGen hëllef, fir datt se net ëmmer erëm müssen déi administrativ Aarbechten do maachen. Och déi Fraisen, déi se erëmbezuelt kréien, och fir hir administrativ Aarbecht, müssen derzou féieren, datt also méi Transparenz do ass an datt och jiddweree ka sécherstellen, datt en dat kann uerdentlech maachen.

Eng ganz Partie vun der Riedner hu gefrot an iwwert d'Reglementer geschwat. Ech denken, datt mer fir Enn Abrëll d'Reglementer kënnen an der Regierungsrout ginn an datt se dann och duerno wäerten op den Instanzeweie kommen an d'Chamber selbstverständlech gradesou gutt wéi déi aner och domadder sech dat kann ukucken a mer och eng Kéier an d'Kommissioun kënnen kommen, fir lech dat nach eng Kéier virzustellen.

Wichteg ass et fir eis - an ech denken, datt dat doten éischer eng folkloristesche Einlag wor, déi mer do héieren hunn iwwert d'Engagement, wat mer missten halen -, dat wor, deemools hu mer dat awer och gesot, eist Engagement ass eigentlech dat, wouzu mer eis souwisou och op internationalem Plang, op europäeschem Plang verfluchten. Amplaz alles eenzel müssen opzezielen, wor am Fong just d'Fro, fir dat e bësselche méi ze vereinfachen.

Mir wäerten dëst Joer am Abrëll eng „peer review“ vum CAD gemaach kréien. Dat ass e gesonden Exercice, deen all fénnef Joer stattfënt, wou mer selwer de Spiegel virun d'Gesicht gehale kréien a wou ee ka kucken, wat mer gutt maachen, an och dat, wat mer nach kéinte besser maachen.

Duerfir sinn ech also frou, wa mer dat Gesetz hei gestëmmt hunn, wa mer och déi Reglementer dann a Kraaft hunn, fir kënnen och där neier Situatioun an der Welt gerecht ze ginn.

Da géif ech selbstverständlech wëllen e Wuert soen iwwert de Mali, wou mer selbst-

verständlech all ganz verdrësslech sinn, datt dat esou an deem Land do gaangen ass - eent vun deene Länner, wou mer am Fong dervun iwwerzeegt woren, datt se um gudden demokratesche Wee woren -, wou de President Touré, dee ganz héich ugesinn a respektéiert wor, ofgesat gouf.

Do hu mer och dëselwecht Prinzipien - an d'Chamberskommissioun weess dat - applizéiert, wéi mer et och deemools gemaach hunn am Niger, wéi 2009 do d'Kris wor. Dat ass, datt mer an deem Moment aus Sécherheetsgrënn vun deene Leit, déi do schaffen, déi Hëllef elo suspendéiert hunn. A wann d'Leit erëm kënnen zréck op den Terrain goen, da kënnen se déi Aarbecht, déi se amgaang sinn ze maachen, fäerdeg maachen, sougutt déi vu Lux-Dev wéi och d'ONGen, déi um Terrain sinn an déi och do selbstverständlech deene Leit hëllef, déi d'Hëllef am meeschte brauchen, och humanitär Hëllef viruginn. Mä mir maachen an ënnerschreibe mat där neier Regierung, déi net legitiméiert ass, mat där ënnerschreibe mer selbstverständlech keng nei Projeten.

Mir denken, datt et wichteg ass, datt een e kloert politescht Zil, e Signal setzt, fir ze soen, wa gewaltsam Regimesverännerunge kommen, datt mer dat net akzeptabel fannen. Op där anerer Säit soe mer awer och, mir kënnen net déi Bevölkerung, déi Äermst vun en allegueren, zweemol strofen, doduerch datt se ewell Regierungen hunn, déi net esou sinn, wéi se solle sinn, an dann och nach derbäi, datt d'international Communautéit - an dann och Lëtzebuerg derbäi -, datt déi da brutal géifen do op deene Plaze fortgoen. Dat ass net esou, wéi mer eis dat och virstellen.

Wichteg, mengen ech, ass - an et ass den Owend och vill hei vum Waasser geschwat ginn -, datt mer eis sollen driwwer freeën, datt 89% vun de Mënsche mëttlerweil proppert Waasser ze drénken hunn. Dat ass eppes, wat net selbstverständlech ass. An duerfir, mengen ech, ass dat och wichteg, datt een dat och ervirsträicht a weist, datt déi vill Efforten, och wann et heiansdo esou ausgesäit, wéi wann et nëmmen eng Drëps op e waarme Stee wier - beim Waasser ass dat jo nach méi bildlech -, datt een awer och gesäit, all déi Ustrengungen hëllef, och eppes. A vun dohier solle mer och net domadder ophalen.

Cohérence des politiques - de Paul Helmingier huet och dovunner geschwat -, denken ech, hu mer och mam Comité interministériel, dee mer am neie Règlement, wou mer amgaang sinn drun ze schaffen, och nei erëm opschaffen an och kucken, datt méiglechst vill Leit do derbäi sinn, fir och kënnen derfir ze suergen, datt déi verschidden Departementer och besser do verträcht sinn an eis och am Virfeld, och wat europäesch Politiken ubelaangt, kënnen soen, wat dorëmmer ënnerwee ass, fir eben Inkohärenzen ze verënnern.

D'Gemengen, do sinn ech gäre bereet, fir déi, déi wëllen op dee Wee goen, fir entweder mat eis individuell oder vläicht och mam Syicol do zesummen Aktivitéiten ze maachen. Mä ech deelen awer och d'Meenung, datt et net onbedéngt einfach ass fir eng Gemeng, fir selwer eleng Projeten ze maachen. Mä et gëtt jo genuch aner Organismen, déi mer hunn, ONGen an och soss Partner, mat deenen een dat gemeinsam ka maachen, esou datt een net onbedéngt alles selwer muss nei erfannen, wann een dat wëllt.

Iwwert d'Sortie aus de Länner, denken ech, do ass et och wichteg, dat eng Kéier hei ze soen: Mir kënnen a mir maachen dat selbstverständlech; dat, wat mer eis, och déi Relatiounen, déi mer eis an deene Länner opgebaut hunn, profitéiere mer a probéiere mer ze profitéieren. Dir hat gesinn, wéi mer mam Grand-Duc an de Vietnam woren, datt mer zu dräi Ministere mat woren. Den Ausseminister selbstverständlech, mä och de Wirtschaftsminister an ech, fir eben och ze weisen: Mir sinn net nëmmen deen een hei, mä et ass eng Kontinuitéit, déi do ass, wou also och soll gekuckt ginn, fir Projete kënnen och ze maachen, wa mer net méi als Kooperatioun do sinn.

Mir si jo als Kooperatioun do, net als e Selbstzweck. Mä mir hätte gär, datt déi Länner vum selwe kënnen an autonom ginn. A vun dohier ass dat eppes, wat fir eis ganz normal ass. Wann aner Ausschreiwunge gemaach ginn an anere Projeten, da kënnen selbstverständlech och Lëtzeburger Firmae matmaachen. Leider maachen der net ëmmer ganz vill mat. Mä wa se matmaachen a se sinn zu deeneselwechte Konditiounen, da kënnen se och gradesou gutt Marchéë kréien, wéi een anere se kritt. Vun dohier denken ech, datt dat och alles esou an der Rei ass.

Zum Schluss, Här President, wëll ech just soen, och wann déi „dräi D“ en net am Text drastinn, dann ass dat awer fir eis ganz kloer egal. Och do hu mer esou vill Kohärenz, och wa mer et net draschreiw, ass dat fir eis sougutt d'Di-

plomatie wéi d'Défense an och den Développement, déi wichteg sinn.

An domadder, Här President, géif ech lech wëllen alleguerter Merci soen. Ech freeë mech drop, datt mer dat net Gesetz hunn an hoffen, datt mer och an Zukunft gutt kënnen zesummeschaffen an awer och gutt kënnen an deene Länner schaffe fir déi Leit, déi et wierklech immens néideg hunn. Ech géif elo nach gären dräi Stonnen hei schwätzen, mä ech muss awer elo ophalen.

Ech hunn dann nach d'Motioun hei leien. Do proposéieren ech als Regierung selbstverständlech, datt Der déi net sollt stëmmen. Mir haten eng laang Diskussioun an der Chamber doriwwer an och an der Kommissioun doriwwer a mir sinn zur Iwwerzeegung komm, datt dat net dënglech wier. Duerfir, mengen ech, bräicht och déi Motioun net gestëmmt ze ginn.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Ministesch. Mir sinn um Enn vun dëser Diskussioun a kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6261 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6261 ass ugehall mat 48 Jo-Stëmmen, bei 11 Enthaltungen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);*

*MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner (par M. André Bauler);*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par M. François Bausch) et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

**(Négation)**

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

**Motion 1**

Dann hu mer hei nach iwwer eng Motioun ofzestëmmen. Mir kënnen dat sécherlech à main levée maachen?

**(Négation)**

De Vote électronique gëtt verlaangt.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass verworf mat 54 Nee-Stëmmen, géint 5 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 55 voix contre 4.*

*Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

*Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Robert Weber (par*

*M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);*

*MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner (par M. Claude Meisch);*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par Mme Viviane Loschetter) et Viviane Loschetter.*

Da kéime mer elo zum leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour, nämlech dem Projet de loi 6337, engem Accord tëschent de Länner vum Benelux an dem Kosovo iwwert d'Reckféierung vun illegalen Awanderer. Ech hunn dräi Riedner, déi sech ageschriwwen hunn, woubäi awer een net do ass, den Här Braz. Ech ginn dervun aus, datt dann den Här Adam eppes dozou seet. Da sinn awer och nach den Här Helmingier an den Här Kartheiser ageschriwwen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

**5. 6337 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas (les États du Benelux) et la République du Kosovo relatif à la reprise et à la réadmission des personnes en situation irrégulière (Accord de reprise et de réadmission) et du Protocole d'application, signé à Bruxelles, le 12 mai 2011**

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.**- Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir hutt gesot, ëm wat et geet, Här President.

Mir hunn där Accords de réadmission am Kader vum Benelux scho 15 hei am Haus ofgestëmmt, besonnesch och eng ganz Rëtsch mat Nopeschlänner vum Kosovo, anere Balkanlänner. Ech selwer hunn der schonn hei eng zéng virgedroen. Dofir mengen ech, kann ech mer et erspuren, nach a weider Detailler anzegoen.

An der Kommissioun ass mäi schréffleche Rapport unanime ugehall ginn. Ech huelen un, d'Kolleegen haten e gelies. Dofir brauch ech dat hei net ze...

**(Interruptions)**

Ech si sécher, d'Kolleegen haten e gelies! Dofir hat en déi Unanimitéit. Dofir brauch ech wierklech net méi drop anzegoen. An ech mengen, d'Kommissioun war eestëmmege averstanen.

Ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun, an et si vill Kolleegen, déi mech gebieden hunn, den Accord vun alle Parteien ze ginn.

**(Brouhaha)**

Dofir Merci an e schéinen Owend nach.

► **Une voix.**- Très bien!

**(Interruption)**

► **M. le Président.**- Merci dem Här Angel. Den Här Helmingier ass och net do. Ech mengen, den Här Kartheiser insistéiert och net méi, fir eppes driwwer ze soen, an d'Madame Ministesch ass och domadder d'accord. Dat heescht, mir kommen direkt zur Ofstëmmung.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6337 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6337 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile*